Duerfir mengen ech, datt déi Logik falsch ass, fir ze soen: „De Mindestloun ass eppes, wat eis Kompetitivitéit kéint a Fro stellen a wat et eigentlech deene lëtzebuergeschen Aarbechtslosen nach méi schwéier mécht." Ech mengen, datt de Géigendeel de Fall ass.

Dann hutt Der vun de soziale Mesurë geschwat, an ech hunn, äänlech wéi Dir selwer, och den Exercice gerechent an ech sinn op déiselwecht Zuele komm, wat wien zegutt hätt, och mat deem Panel, mat deem...

(Interruption par M. Nicolas Schmit)

Jo, duerfir war et och net esou schwéier. Ech hunn awer dat, wat net dra war, d'Steierreform, en vue vun der Debatt matagerechent. An ech fannen et awer schwiereg, fir ze soen: „De Problem, datt nawell 10% vun deene Leit, déi eng voll Tâche hunn, net op all déi Mesurë kënnen zréckgräifen, dat läit just dorunner, well déi Leit net informéiert sinn." Neen, an dat hunn ech probéiert ze weisen: Et läit och dorunner, datt d'Mesuren net gräife fir verschidden Typpe vu Situatiounen. A wann ee wëllt dee staarke Sozialstat hunn, deen Dir elo mat enger Verve verteidegt hutt, déi immens respektabel ass, da misst Der och do e puer Punkten ugoen, näämlech d'Subvention de loyer, näämlech d'Allocation de vie chère op kommunalem Plang, déi effektiv net fir jiddwereen do ass.

Dann hutt Der vun de CDDe geschwat. An do wëll ech lech soen: Dir hutt recht, net jiddwereen ass an enger miserabeler Situatioun. Awer e Véierels vun deene sinn et! An et ass e Secteur, dee méi grouss gëtt. Viru Jore waren dat nach 5%. Elo sinn et der, wéi Der sot, 9%! Dat ass net gigantesch, mä et ass eng Tendenz, déi kloer no uewe weist, firwat ech mengen, datt ee misst ebe justement dohinnergoen an do dergéint reguléieren als Regierung.

Merci.

M. David Wagner *(déi Lénk).-* Très bien!

M. Nicolas Schmit, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire.-* … Ech hunn ee Wuert vergiess, wann ech dat nach dierf soen, dat ass de Logement. Ech deelen alles dat, wat iwwert de Logement gesot ginn ass. Ech mengen, eng vun onse gréisste Problematiken ass de Logement. Mä et ass net eppes vu gëschter. Ech mengen, hei war emol een an der Chamber, dee gesot huet: „Mir hunn all versot am Logement." A besonnesch déi, déi net genuch Logementer gebaut hunn, hu versot. Ech mengen, mir hunn an där viregter Period 80 Logementer am soziale Wunnengsbau gebaut! Elo si mer bei 280, mengen ech, oder 240. Ech mengen, de Problem ass nëmmen iwwert d'Offer ze léisen. A wa mer och muer de Leit 300 Euro als Allocation logement ginn, da kréie mer dee Problem net an de Grëff! Mir kënnen de Problem vum Logement nëmmen iwwert d'Zuel vu soziale Logementer um Marché léisen. Nëmmen dat erlaabt dat.

An duerfir ass et natierlech wichteg, datt mer elo op deem Wee weiderfueren, fir ebe besonnesch déi Offer vu soziale Logementer weider eropzesetzen.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* Merci. Domat si mer um Enn vun der Diskussioun ukomm. Mir si saiséiert mat enger Motioun an enger Resolutioun. Ech ginn dovun aus, dass den Auteur näischt méi soe wëllt? Dach, dann huet den Här Baum d'Wuert.

Motion et résolution

M. Marc Baum *(déi Lénk).-* Här President, d'Motioun hunn ech effektiv an der Ried virgestallt. Et geet effektiv ëm d'Erhéijung vum Mindestloun mat enger Rëtsch vu Consideranten, déi Der virun lech hutt.

D'Resolutioun selwer hunn ech nach net virgestallt. Do geet et eigentlech ëm de Wonsch, datt mer déi Debatt, wou jo jiddwereen hei och virdru begréisst huet, datt mer se féieren, méi oft maachen an datt mer och als Chamber en anert Bewosstsi fir déi Problematik entwéckelen.

Et ass esou, datt mer an deene leschte Jore wesentlech méi Zuelematerial kritt hunn, wat wëssenschaftlech opgeschafft ginn ass vu wëssenschaftlechen Instituter, vun der Uni Lëtzebuerg, vum Statec, woumat mer wierklech eng fundéiert Diskussioun an der Chamber kënne féieren. Och aner Akteuren, d'Salariatskummer, d'Caritas, entwéckelen all Joer Proposen a Weeër. An ech mengen, datt et duerfir sënnvoll wier, wa mer eis hei an der Chamber géifen d'Wuert ginn, datt mer eis der Fro vun der sozialer Entwécklung op eng systematesch Aart a Weis unhuelen an duerfir regelméisseg Debatten iwwert d'sozial Entwécklung vum Land féieren.

Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* Merci. Weider Wuertmeldungen zur Resolutioun oder zur Motioun?

M. Nicolas Schmit, *Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire.-* Et si Saachen dran, déi an där Motioun ganz gutt gemaach sinn, mä datt elo hei eng Motioun (veuillez lire: Resolutioun) sollt adoptéiert gi fir «organisation régulière d'un débat public à la Chambre», ech mengen, d'Chamber kann à tout moment esou eppes maachen, an duerfir gesinn ech dat net als onbedéngt nëtzlech un. An an de Consideranten, och wann ech mat villem d'accord sinn, mä d'Formulatioun, esou wéi se dosteet, ass fir mech schwiereg akzeptabel.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* Da gi mer zur Ofstëmmung iwwer, wa keng weider Wuertmeldungen do sinn. Fir d'Éischt géif ech proposéieren, iwwert d'Motioun ofzestëmmen.

Vote sur la motion 1

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo eriwwer.

2-mol Jo, 52-mol Neen, an 3 Abstentiounen. Domat ass d'Motioun ofgeleent.

Ont voté oui: MM. Marc Baum et David Wagner.

Ont voté non: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden (par Mme Nancy Arendt), Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, M. Aly Kaes, Mme Martine Mergen (par Mme Diane Adehm), M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Claude Wiseler et Michel Wolter (par M. Claude Wiseler);

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding (par Mme Claudia Dall'Agnol), Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. Gusty Graas), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini.

Se sont abstenus: MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

A mir géifen zur Resolutioun iwwergoen.

Vote sur la résolution 1

Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. D'Procuratiounen. A wa jiddwereen ofgestëmmt huet - dat schéngt de Fall ze sinn -, ass d'Ofstëmmung eriwwer.

D'Resultat ass 26-mol Jo an 32-mol Neen. Domat ass d'Resolutioun verworf.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden (par Mme Nancy Arendt), Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies (par Mme Diane Adehm), Mme Martine Mergen (par Mme Octavie Modert), M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Claude Wiseler et Michel Wolter (par M. Claude Wiseler);

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Ont voté non: MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding (par Mme Cécile Hemmen), Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. André Bauler), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Gusty Graas);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini.

Mir géifen dann zum leschte Punkt vun eisem Ordre du jour iwwergoen. An de Rapporteur ass scho prett. Et ass de Projet de loi 7104 iwwert d'Schafe vu fënnef regionalen Direktiounen am Enseignement fondamental.

6. 7104 - Projet de loi portant modification

1. de la loi modifiée du 6 février 2009 portant organisation de l'enseignement fondamental;

2. de la loi modifiée du 6 février 2009 concernant le personnel de l'enseignement fondamental;

3. de la loi modifiée du 7 octobre 1993 ayant pour objet a) la création d'un Service de coordination de la recherche et de l'innovation pédagogiques et technologiques; b) la création d'un «Centre de gestion informatique de l'éducation»; c) l'institution d'un Conseil scientifique;

4. de la loi modifiée du 9 décembre 2005 déterminant les conditions et modalités de nomination de certains fonctionnaires occupant des fonctions dirigeantes dans les administrations et services de l'État;

5. de la loi modifiée du 13 juillet 2006 portant réorganisation du Centre de psychologie et d'orientation scolaires (CPOS);

6. de la loi du 6 février 2009 relative à l'obligation scolaire;

7. de la loi modifiée du 25 mars 2015 fixant le régime des traitements et les conditions et modalités d'avancement des fonctionnaires de l'État;

8. de la loi du 30 juillet 2015 portant création d'un Institut de formation de l'éducation nationale

Rapport de la Commission de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse

M. Lex Delles *(DP), rapporteur.-* Genee dat ass et, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, am Regierungsprogramm gouf en immense Wäert op d'Qualitéit an op eng verbessert Organisatioun vun eise Schoule geluecht. Et ass dobäi net drëms gaangen, alles iwwert de Koup ze werfen, mä ze kucken, wéi eng Strukturen an Opdeelungen tëschent deene verschiddenen Akteuren hautzudaags nach Sënn maachen a wou ee muss Upassunge virgesinn, fir weiderhin en héichwäertegen Enseignement an eise Schoulen ze assuréieren.

Jo, eis Schoulen hu sech an deene leschte Jore staark verännert. Mir haten an der Lescht vill Geleeënheet, fir doriwwer hei am Haus och ze diskutéieren. Den Integratiounsoptrag, d'Heterogenitéit vun de Schüler, d'Unzuel u Kanner mat spezifesche Besoinen, dat sinn nëmmen e puer Elementer, déi an deene leschte Jore staark zougeholl hunn an déi d'Erausfuerderungen un d'Schoule wuesse gedoen hunn.

Et ass dofir ëmsou méi wichteg ze kucken, wéi een op deene verschiddene Plaze kann ajustéieren, fir eist Schoulwiese méi effikass opzestellen an de Besoinen an de Realitéiten um Terrain och unzepassen.

Ier ech dann op déi verschidde Mesuren ze schwätze kommen, wëll ech virop nach betounen, datt mir mat dësem Gesetz am Fong déi grouss Linnen ëmsetzen, déi de Ministère an de Syndicat national des enseignants an engem Accord vum 22. Februar 2016 festgehalen hunn. Dat betrëfft souwuel d'Gestioun vun de Schoule wéi och déi nei Instituteur-spécialiséen, op déi ech duerno nach wäert ze schwätze kommen.

Eng Mesure, déi beim Projet de loi 7104 sécherlech ervirstécht, ass d'Schafe vun de regionalen Direktiounen. Dës solle jo an Zukunft déi haiteg Inspekteren ersetzen. Wann ech virdru sot, d'Erausfuerderungen un d'Schoule wiere gewuess, da gëllt dat och fir d'Inspekteren. Besonnesch no der Reform vun 2009, bei där d'Gemenge vun engem Groussdeel vun hirer Responsabilitéit a puncto Schoulgestioun entbonne goufen, sinn d'Aufgaben an d'Missioune vun deenen eenzelnen Inspektere gewuess. Derbäi kënnt, datt si eigentlech keng vun hire Käraufgaben un een aneren delegéiere kënnen. Si sinn an engem gewëssene Sënn Eenzelkämpfer, déi sech Dag fir Dag duerch en ëmmer méi heterogeent an usprochsvollt Schoulwiese schloe mussen. Dat gëtt elo mat dësem Projet de loi geännert.

Fir d'Aktioune vun den eenzelne Schoule méi effikass ze dirigéiere respektiv ze iwwerwaachen a soumat d'Qualité scolaire ze garantéieren, gëtt den aktuelle Modell vum Inspektorat iwwerduecht. Déi 20 Arrondissementer ginn dofir duerch 15 regional Direktiounen ersat. An all Regioun wäert dann ofhängeg vun der Gréisst an dem Besoin vun den eenzelne Regiounen all Direktiounsequipp aus engem Direkter an aus zwee bis véier Directeur-adjointë bestoen. Äänlech Modeller goufen och scho mat Succès an angelsächsesche Länner agefouert, dat ënnert dem Numm „system leaders".

Den Exposé des motifs vun dësem Projet de loi kann ech an deem Kontext och jiddwerengem recommandéieren, deen ass an dësem Punkt ganz explizitt.

Zu den Aufgabe vun dësen Equippen - an ech betounen, et sinn an Zukunft Equippen - gehéieren nach ëmmer déi administrativ Gestioun an déi pädagogesch Surveillance vum Corps enseignant, genausou wéi d'Gestioun vun de Relatiounen tëschent dem Schoulpersonal oder d'Begleedung vun deene jonke Jofferen a Schoulmeeschteren.

An dësen Equippen ass dann och ëmmer een Directeur adjoint responsabel fir d'Kanner aus der jeeweileger Regioun, déi spezifesch Besoinen hunn an déi am Schoulrhythmus Schwieregkeeten hunn nozekommen.

Allgemeng kann ee soen, datt d'Betreiung vun de Kanner mat Léierschwieregkeeten, Verhalensopfällegkeeten oder soss spezifesche Besoinen e weidere Kärpunkt vun dëser Reform duerstellt, an dat souwuel op lokalem wéi och op regionalem Niveau.

Op lokalem Niveau wäerten an deem Sënn iwwert déi nächst véier Joer ganzer 150 sougenannt «instituteurs spécialisés dans la scolarisation des élèves à besoins éducatifs particuliers ou spécifiques», oder kuerz I-EBS, agestallt ginn. Dëst spezifesch ausgebilt Personal wäert sech an Zukunft um Terrain an enger inklusiver Approche ëm dës Kanner këmmeren a sech zesumme mam Schoulpersonal an den Elteren iwwert d'Situatioun vum Kand concertéieren.

Op regionalem Niveau kommen dann d'Équipes de soutien des élèves à besoins spécifiques ou particuliers an d'Spill. Ënnert der Responsabilitéit vum Sousdirekter aus der jeeweileger Regioun këmmere si sech ëm d'Kanner, deenen net ka genuch an de Schoule gehollef ginn. Wann den I-EBS also feststellt, datt den individuelle Besoine vun engem Kand net ka genuch Rechnung an de Schoule gedroe ginn, dann iwwerhëlt, mam Accord vun den Elteren, d'Équipe de soutien d'Prise en charge vun dem betraffene Kand.

An deenen Équipes de soutien sëtzen dann nach Psychologen, Pädagogen, Infirmieren, Educateuren, Assistant-sociallen, jee, Leit, déi nach besser op déi spezifesch Besoine vun deenen eenzelne Kanner kënnen agoen.

Här President, an anere Wierder gëtt et eng regelrecht „Teamaarbecht" op verschiddenen Niveauen, ëmmer ënnert der Opsiicht vum ugeschwaten Directeur adjoint an der Commission d'inclusion, déi en Dossier mat alle wichtegen Informatiounen iwwert d'Kand, seng Besoinen a säin Diagnostic uleet.

(Mme Simone Beissel prend la présidence.)

Madamm Presidentin - an hallef Här President -, Dir Dammen an Dir Hären, ech komme bei den drëtten - annerhallef -, ech komme bei den drëtte Volet vun dësem Projet de loi, an zwar bei d'Schoulentwécklung vun de Grondschoulen.

Och bei der Schoulentwécklung kréien déi regional Direktere méi eng grouss Roll. Si leeën zesumme mat de Presidente vun de Schoulcomitéen ënner anerem déi grouss Achse vun der schoulescher Entwécklung fest a si suivéieren d'Ëmsetze vun de Plans de développement scolaire, de sougenannte PDS.

Vläicht nach eng Kéier e puer Wuert awer zu dësem PDS. E PDS dokumentéiert am Fong déi individuell pädagogesch an organisationell Demarchë vun deenen eenzelne Schoulen an dréit der Spezifissitéit vun der lokaler Schülerpopulatioun Rechnung. Och do ginn d'Schoulen an Zukunft net eleng stoe gelooss, mä kréien en I-DS, en Instituteur spécialisé en développement scolaire, zur Säit gestallt. Dësen ass beim SCRIPT affektéiert a soll dem President vum Schoulcomité an den Enseignantë bei Froen iwwert d'Schoulentwécklung mat Rot an Dot zur Säit stoen. Hie soll zudeem och aktiv beim Ausschaffe vum PDS matwierken.

Madamm Presidentin, ech sot uganks, datt dëse Projet haaptsächlech Accorden ëmsetzt, déi de Ministère mat Akteure vum Terrain festgehalen huet. Dat gëllt och fir den Accord iwwert d'Aféiere vun der franséischer Sprooch am Cycel 1. Nieft der Lëtzebuerger Sprooch, déi d'Haaptkommunikatiounssprooch am Cycel 1 bleift, dem Éveil aux langues, wäert an Zukunft och am Cycel 1 eng Initiation à la langue française stattfannen, net zulescht, fir e kohärente Suivi vun der Initiation an de Crèchen a Betreiungsstrukturen ze erméiglechen.

Fir all weider Detailer a fir d'Avise vun deene verschiddene Beruffskummere verweisen ech gären op mäi schréftleche Rapport an ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien!

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.-* Merci dem Här Rapporteur Lex Delles. Als éischt ageschriwwe Riednerin hunn ech d'Madamm Martine Hansen. Madamm Hansen, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

Mme Martine Hansen *(CSV).-* Merci, Madamm Presidentin. Och e grousse Merci dem Lex Delles fir de mëndlechen an och schréftleche Rapport.

Dir Dammen an Dir Hären, mat dësem Projet de loi solle sech an der Grondschoul eng Partie Saachen änneren. Mat eenzelne kënne mer sécher averstane sinn oder mir begréisse se och souguer, mat anere Punkte si mer awer net averstanen. An dofir wäerte mer, ech soen et direkt, géint dëse Projet de loi stëmmen.

(Brouhaha)

Ech wäert hei op véier Punkten agoen: éischtens déi nei Strukturen, fir d'Schüler mat spezifeschen educative Besoine besser ze ënnerstëtzen, zweetens d'Schoulentwécklung, drëttens d'Inspekteren, déi elo déi regional Direktere ginn, a véiertens d'Sproochen, dat heescht, d'Franséischt am Cycle 1.

Ier ech awer mat deene véier Punkten ufänken, wëll ech allgemeng bemierken, datt mer bei dësem, awer och bei villen anere Projet-de-loien, déi an der Pipeline sinn, den engleschen „kiss" feelt. An ech mengen hei natierlech den „kiss" als „keep it short and simple". Mir solle keng Gesetzer iwwer Gesetzer maachen, Observatoirë grënnen, Conseile grënnen, nei Abteilunge maachen, Instituteur-spécialiséen, Direkteren, Sousdirekteren an esou weider schafen, an awer gläichzäiteg ëmmer méi e komplizéierten an oniwwersiichtleche System opbauen.

Ech kommen dann elo zu deene véier Punkten: éischtens déi nei Strukturen, fir d'Schüler mat spezifeschen educative Besoine besser ze ënnerstëtzen.

Als CSV begréisse mer deen allgemenge Prinzip, datt dëse Schüler soll besser a virun allem och méi séier an Zukunft gehollef ginn. Mir sinn eis awer net sécher, ob mat dësem System, esou wéi en elo virgesinn ass, dëst och effektiv erreecht gëtt. Et muss sech elo erausstellen, wéi déi nei spezialiséiert Enseignanten um Terrain aktiv ginn a wéi effikass, effizient d'Zesummenaarbecht vun hinnen ass mat der ESEB, der Équipe de soutien - der neier Équipe multi -, dem zoustännege Sousdirekter op regionalem Niveau, der Commission d'inclusion a bei Bedarf den eenzelne Centre-de-compétencen, déi jo nach musse per Gesetz gegrënnt ginn, wéi dës Zesummenaarbecht also funktionéiert.

Well awer e performante System hei wichteg ass, deposéieren ech am Numm vun der CSV eng Motioun, an där mer d'Regierung opfuerderen, fir an dräi Joer e Bilan vun dësem System ze maachen a bei Bedarf déi noutwendeg Upassungen ze maachen.

Wann ech gelift, Madamm Presidentin.

Motion 1

La Chambre des Députés,

- constatant qu'il existe un réel besoin dans la prise en charge adaptée quant à la scolarisation d'élèves à besoins éducatifs particuliers ou spécifiques;

- saluant qu'un nouvel dispositif sera déployé au niveau local, régional et national pour améliorer la prise en charge des élèves à besoins particuliers ou spécifiques;

- rappelant que ce dispositif sera ancré dans deux textes législatifs, à savoir le projet de loi concernant les directions de régions (7104), et le projet de loi sur la création de centres de compétence en psychopédagogie spécialisée en faveur de l'inclusion scolaire qui n'a pas encore été déposé;

- constatant qu'un certain nombre d'instituteurs spécialisés dans la scolarisation des élèves à besoins éducatifs particuliers ou spécifiques ont déjà été recrutés;

- considérant qu'une équipe de soutien des élèves à besoins éducatifs particuliers ou spécifiques (ESEB) intervient au niveau régional en tant que service généraliste, affecté à une région et placé sous la responsabilité d'un directeur adjoint auprès de la direction de région;

- constatant qu'il est créé au niveau de chaque région une commission d'inclusion qui se voit attribuer la possibilité de décider des aménagements raisonnables dans l'intérêt des élèves à besoins éducatifs particuliers ou spécifiques concernés;

- notant encore qu'au niveau national, huit centres de compétences spécialisés seront créés pour assurer la qualité de la prise en charge des élèves à besoins spécifiques;

- considérant que les écoles, les enseignants, les directeurs de régions, les directeurs adjoints, les instituteurs spécialisés, les ESEB, les commissions d'inclusion et les centres de compétences doivent s'engager dans un processus continu et cohérent de coopération et de coordination quant à la scolarisation d'élèves en difficultés,

invite le Gouvernement

- à procéder dans un délai de trois ans à une évaluation du système de la prise en charge des élèves à besoins éducatifs particuliers ou spécifiques,

- à présenter, le cas échéant, des propositions d'adaptation afin d'améliorer la prise en charge des élèves à besoins éducatifs particuliers ou spécifiques.

(s.) Martine Hansen, Sylvie Andrich-Duval, Françoise Hetto-Gaasch, Laurent Zeimet.

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.-* Merci.

Mme Martine Hansen *(CSV).-* Allgemeng zu dësem Punkt géif mech awer och nach interesséieren, wou elo déi 150 - wa se bis eng Kéier agestallt sinn - I-EBSen affektéiert ginn. Si solle jo an eng oder méi Schoulen affektéiert ginn. No wéi enge Kritäre gi se verdeelt? An enger éischter Phas ginn der elo emol 70 agestallt. Wou kommen dës 70 hin? Et soll och esou sinn, datt - dat krute mer zumindest gesot - et envisagéiert gëtt, fir I-EBSen an de Régime préparatoire eranzehuelen. Och do wär et interessant ze wëssen: Wéi ass do den aktuelle Stand? Stinn do schonn d'Schoule fest, wou där elo affektéiert ginn?

Da kommen ech zu deem zweete Punkt, der Schoulentwécklung. De Schoulentwécklungsprozess ass wichteg, souwuel an der Grondschoul wéi och am Secondaire. Mam PDS, Plan de développement scolaire - virdrun haten d'Grondschoulen e PRS, e Plan de réussite scolaire, dat ass also näischt wesentlech Neies -, hunn d'Schoulen en Instrument, fir d'Schoulentwécklung systematesch unzegoen. De Plan de réussite scolaire gëtt et schonns eng Zäitchen an der Grondschoul. En ass mëttlerweil zweemol ëmgesat ginn. Mä laut Aussoe vum SEW, sou wéi gëschter an der Press ze liese war, hätt deen aktuelle PRS - d'Ofkierzung also - näischt Positives an der Schoul bruecht.

(Interruption)

Et géif virun allem drëm goen, wien dee schéinsten Text géif schreiwen. Dat ka jo net sinn!

Wat seet den Här Minister zu dëser Ausso? Et stellt sech natierlech och d'Fro: Firwat ass de PRS net evaluéiert ginn? An d'Konklusiounen hätte jo da kënnen zu enger Upassung vum Schoulentwécklungsplang féieren.

Da muss ech trotzdeem nach soen, datt de Prozess vun der Schoulentwécklung an dësem Projet de loi nach méi logesch beschriwwen ass wéi am Projet de loi vun der Lycéesreform. Mä do komme mer jo nach derzou. Allerdéngs wär et awer wichteg gewiescht, eng vergläichbar Virgeeënsweis bei der Grondschoul souwéi beim Lycée ze definéieren. Mir feelt einfach ganz dacks bei deene sëlleche Projet-de-loien eng erkennbar Kohärenz.

D'Schoulentwécklung, Dir Dammen an Dir Hären, mécht sech um Terrain a mat de Leit vum Terrain! Anescht geet et net. D'Schoulentwécklung muss och e lafenden, dynamesche Prozess sinn. A fir d'Dynamik ze behalen, däerf de System net ze komplizéiert sinn. An do stelle sech och hei eng Partie Froen.

De Plan de développement scolaire soll vum Schoulcomité ënnert der Responsabilitéit vum President zesumme mat der Schoulgemeinschaft ausgeschafft ginn. Dat schéngt mer logesch. De Ministère huet elo extra eng Partie - och hei erëm eng Kéier - spezialiséiert Enseignanten, I-DSen, agestallt. Dës I-DSe sinn, den Här Lex Delles huet et och gesot, an de SCRIPT u sech detachéiert oder affektéiert. Deen ass och responsabel fir si. Mä si sëtzen iergendwou aneschters - wou genau wësse mer net -, a 7 vu 15 Regiounen, krute mer gesot.

De President soll dëse spezialiséierten Enseignant bei Froen zum Plan de développement scolaire kënnen an Usproch huelen. Am Projet de loi steet och, datt dës spezialiséiert Enseignanten, déi dann an all zweeter Regioun sëtzen, sollen aktiv bei der Ausschaffung a bei der Emsetzung vum Schoulentwécklungsprogramm mathëllefen.

Ech wëll just bemierken: Si sinn net direkt um Terrain! An hien, dat heescht, de spezialiséierten Enseignant, an net de President, dee jo awer um Terrain ass, soll den Direkter, dee fréieren Inspekter, dann heiriwwer informéieren. De President dann awer, deen ass schlussendlech responsabel, fir de Schoulentwécklungsprogramm ëmzesetzen, ouni datt en awer nëmmen ee klengen hierarchesche Pouvoir hätt.

(Interruption)

Dëst bemierkt och d'Statsbeamtegewerkschaft. Wär et net méi einfach gewiescht, wann de President eng hierarchesch Positioun an der Schoul géif anhuelen a wann d'Abteilung vum SCRIPT, déi mer jo souwisou hunn, déi fir d'Schoulentwécklung zoustänneg ass, och kéint Hëllefstellung an der Grondschoul ginn? Fir d'Kohärenz vum System wär dëst sécherlech hëllefräich.

Dësen zimlech schwéierfällege Prozess vun der Schoulentwécklung ass net ganz attraktiv fir Innovatiounen. D'Schoule kréien alleguer zimlech déiselwecht Moyenen, egal wivill si maachen. Et ass also keen Ureiz fir eng dynamesch Schoulentwécklung. Firwat net esou äänlech Projete wéi zum Beispill de Projet d'établissement am Secondaire och fir de Fondamental virgesinn? Esou ee Projet kéint e reellen Ureiz si fir Schoulentwécklung. Si kéinte sech bestëmmt aus dem Schoulentwécklungsprogramm erginn a kéinten och Bestanddeeler vum Aktiounsplang sinn, dee jo da spéider och misst evaluéiert ginn.

Sou, no der Schoulentwécklung kommen ech da bei deen drëtte Punkt, déi regional Direkteren, déi d'Inspekteren an hiren Arrondissementer sollen ersetzen. Als CSV si mer ganz kloer fir eng Direktioun an der Schoul an net an der Regioun! Mir haten dozou schonns am Juli 2015 eng Motioun an d'Chamber bruecht. D'Schoulleedung soll an eise Grondschoulen, wou der vill schonns mat klenge Lycéeën ze vergläiche sinn, professionaliséiert ginn. 12 vun 150 Grondschoulen hu scho méi wéi 500 Schüler. Ech ka mer kee Betrib virstelle mat 500 Schüler, wou kee Chef am Betrib ass. Dat gëtt et am Prinzip och soss néierens wéi an eise Grondschoulen.

Am Moment hu mer e Schoulcomité mat engem President an der Schoul an en Inspekter am Arrondissement. Dee gëtt elo ersat duerch den Direkter mat e puer Sousdirekteren an der Regioun. Den Titel ännert, mä um Terrain ännert net vill bis näischt! Als CSV si mer der Meenung, datt mer sollen dem President seng Roll professionaliséieren.

Mir brauchen e President oder en Direkter, wéi en och ëmmer soll genannt ginn, mat hierarcheschem Pouvoir an der Schoul, an net an der Regioun! Dee muss Uspriechpartner si fir d'Enseignanten, dat sozioeducatiivt Personal, d'Elteren an d'Schüler. Wann deen awer, sou wéi et an dësem Projet de loi virgesinn ass, a sengem regionale Büro sëtzt - wou d'Regioun, do wou ech hierkommen, vun Heischent bis op d'Wämperhaart geet -, dann ass et schwiereg, dës Roll ze iwwerhuelen.

Jee no Gréisst vun der Schoul misst de President oder Direkter och keng ganz Tâche hu fir d'Schoulentwécklung oder d'Schoulleedung. Dëse professionaliséierte President oder Direkter an der Schoul misst och en Team vun Enseignanten, déi stonneweis dechargéiert sinn, jee no Gréisst vun der Schoul, sou wéi et och elo schonns beim Schoulcomité ass, bei sech hunn. Et soll eng participativ Féierung um Terrain stattfannen. D'Schoulleedung muss um Terrain präsent sinn, fir op de Leit hir Problemer a Suergen anzegoen, fir een Identifikatiounsgefill opzebauen, fir mat de Leit zesummen den Teamgeescht ze férderen, fir mat de Leit zesummen hir Schoul ze entwéckelen, fir eng gutt Unterrechtsqualitéit ze suergen, fir d'Schoulcommunautéit mat an d'Verantwortung ze huelen, fir iwwerhaapt ze wëssen, wat ëmmer um Terrain leeft.

Nëmme wann een direkt an der Schoul ass, ass een e feste Bestanddeel vun der Schoulcommunautéit. An nëmmen da kann een d'Aufgabe vun enger effikasser Schoulleedung iwwerhuelen!

Madamm Presidentin, Dir Dammen an Dir Hären, mir sinn also an dësem Punkt enger fundamental anerer Meenung wéi den Här Minister. En éischte Grond, firwat mer géint dëse Projet de loi stëmmen.

Dann, mäi véierte Punkt an deen zweete Grond, firwat datt mer dergéint stëmmen, ass d'Franséischt am Cycle 1, Précoce a Spillschoul. Am Artikel 2 vum Projet de loi gëtt festgehalen, datt am Cycle 1 nieft deem, wat am Moment virgesinn ass am Beräich vun de Sproochen, näämlech d'Sprooch am Allgemengen, d'Aart a Weis fir ze schwätzen, d'Lëtzebuerger Sprooch an den Éveil aux langues, dann elo d'Initiatioun vum Franséischen derbäikënnt.

Datt mer mat der bilingualer Kannerbetreiung, ouni wëssenschaftlecht Konzept an ouni wëssenschaftlech Resultater, déi dëst Konzept géife beleeën - a béides ass net do -, esou net averstane sinn, huet mëttlerweil, denken ech, jiddweree matkritt. Wann net, d'Françoise Hetto wäert lech dat beim entspriechende Projet de loi nach eemol erklären.

Als CSV si mer also och dergéint, datt hei am Cycle 1 nieft dem Éveil aux langues d'Initiatioun vum Franséischen extra nach derbäikënnt, an dëst ouni wëssenschaftleche Beleeg, datt dat eise Schüler beim Sproocheléieren, bei der Alphabetiséierung op Däitsch eppes bréngt.

Elo si mer gëschter beim Debat zur Petitioun fir kee Franséisch u sech bei de klenge Kanner nach gewuer ginn, datt d'Enseignanten nach absolutt keng Informatiounen, keen didaktescht Material, keng Formatioune kritt hunn. Ech drécken et fein aus:...

M. Claude Meisch, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse.-* Dat stëmmt jo net!

Mme Martine Hansen *(CSV).-* „Dat ass net ganz seriö!"

M. Claude Meisch, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse.-* Dat stëmmt jo net.

Mme Martine Hansen *(CSV).-* Si hunn et awer esou gesot, déi Enseignanten, déi hei waren.

M. Claude Meisch, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse.-* Ech hu jo och dozou Stellung geholl.

Mme Martine Hansen *(CSV).-* Et soll ee sech...

(Interruption)

...awer natierlech trotzdeem mam Cycle 1 beschäftegen. An den Ae vun der CSV soll eng Haaptaufgab vum Precoce weiderhin d'Integratioun iwwert déi lëtzebuergesch Sprooch sinn. Den Éveil aux langues erlaabt zousätzlech dann de Kontakt mat anere Sproochen, sou wéi bis elo och. Dat géif an eisen Aen duergoen.

De Cycle 1 ass awer och dee Stadium, wou kann ugefaange ginn, spilleresch ze léieren. An hei kann ee méi maache wéi dat, wat bis elo virgesinn ass. Hei kann, hei soll méi geziilt - ech betounen „geziilt" - un der Sproocheférderung am Allgemenge geschafft ginn. Ech hat dat schonns op dëser Plaz bei der Interpellatioun iwwert d'Sprooche gesot a ginn duerfir net méi am Detail heirop an.

Mä wéi eng Etüd...

Ech mengen, hei sinn der midd. Soll ech méi haart jäizen oder...?

(Hilarité et interruptions)

Gutt! Mä wéi eng...

Une voix.- Et héiert een ëmmer nëmmen datselwecht!

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.-* Madamm Hansen, si maachen elo all en disziplinareschen Effort, dass mer geschwënn op den Tour de Luxembourg kommen.

(Hilarité)

An dofir, wann ech gelift, e bëssen Disziplinn!

Mme Martine Hansen *(CSV).-* Also ech denken zwar, datt d'Grondschoul...

(Brouhaha général)

...nach méi wichteg ass, wéi elo um Depart vum Tour de Luxembourg ze sinn, géif ech jo emol allgemeng soen!

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.-* Op alle Fall, mä ech wollt elo eppes soen, fir dass dat Gegaaps hei an de Bänke soll ophalen.

(Brouhaha)

Une voix.- Wien huet da gegaapst?

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.-* Madamm Hansen, Dir hutt eleng d'Wuert. A loosst lech net...

Mme Martine Hansen *(CSV).-* Ech loosse mech net..., ech wollt just e bëssen...

(Interruptions)

Mme Simone Beissel, *Présidente de séance.-* ...vu Mimiken - well dat do hutt Der lech elo gesicht -, loosst lech net vun der Mimik beaflossen!

(Interruption)

Mme Martine Hansen *(CSV).-* Also, wéi eng Etüd beweist, erwaarde sech déi grouss Majoritéit vun den Enseignantë konkret methodesch Hiweiser - also Enseignanten aus dem Cycle 1 - an op méi wëssenschaftleche Kenntnisser baséierend didaktescht Material, fir

d'Sprooche geziilt kënnen ze förderen. Dat ass awer esou net do. Dat wär awer wichteg a sënnvoll! An et wär méi wichteg a sënnvoll, wéi elo iergendwéi Franséisch ze maachen.

(M. Mars Di Bartolomeo reprend la présidence.)

Des Weideren ass déi Lëtzebuerger Sprooch, wou mer jo als CSV soen, datt se virun allem am Cycle 1 soll gefërdert ginn, eng gutt Grondlag fir d'Alphabetiséierung op Däitsch. Och heizou gëtt et eng Etüd vun der Uni.lu, déi beleet, datt, wann ee Kand gutt Lëtzebuergesch kann, da léiert et och besser Däitsch. An dat gëllt och fir eis auslännesch Kanner! En zousätzlecht Argument also, fir am Cycle 1 ganz geziilt déi Lëtzebuerger Sprooch ze förderen.

An den Éveil aux langues huet et och elo schonns erlaabt - ech hat dat och schonns bei der Debatt iwwert d'Sprooche gesot -, den „Frère Jacques" ze sangen oder awer och den „Hänschen klein". Mä ech denken, datt den „Hänschen klein" vläicht elo net méi gesong gëtt, vläicht ass et elo d'„Fliegerlied" oder soss iergendwéi eppes. Ob dat awer elo nach erwënscht ass, weess ech net!

Une voix.- Haha, d'Fliegerlied!

Mme Martine Hansen *(CSV)*.- Et wär awer genausou wichteg, op Däitsch ze sangen - am Hibléck op déi spéider Alphabetiséierung op Däitsch - wéi virun allem op Franséisch!

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, zesummefaassend:

- den éischte Punkt, nei Strukture, fir de Schüler mat spezifeschen educative Besoine besser ze hëllefen: Als CSV begréisse mer dës Reform. Mir hätten awer gären eng Evaluatioun, ob d'Organisatioun esou um Terrain effizient, effikass ass;

- zweetens, d'Schoulentwécklung: en zimlech schwéierfälleg definéierte Prozess mat nëmme beschränktem Ureiz fir d'Innovatiounen;

- drëttens, Inspekteren, wat déi nei regional Direktere ginn: Als CSV si mer fir Direkteren um Terrain an der Schoul, bei den Enseignanten, bei de Kanner an no bei den Elteren an net iergendwou an der Regioun;

- a véiertens, d'Sproochen, virun allem Franséisch am Cycle 1: Als CSV soe mer, datt am Cycle 1 virun allem soll dat Lëtzebuergescht als Integratiounssprooch, als gemeinsam Sprooch fir d'Kanner gefërdert ginn. Mir hunn, dat wësse mer alleguer, Problemer am Sproochenunterrecht. Mä dat ass keen Zäitproblem, dat ass éischter e Programm- oder Methodeproblem. Dodru muss geschafft ginn, do muss awer net scho mat dräi Joer ugefaange ginn!

Als CSV stëmme mer also, ech widderhuele mech, géint dëse Projet de loi.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci der Madamm Hansen. Nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Claude Lamberty. Här Lamberty, Dir hutt d'Wuert.

M. Claude Lamberty *(DP)*.- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, de Rapporteur Lex Delles ass op villes schonn agaangen. Ech wéilt awer nach op deen een oder anere Punkt zréckkommen an e puer Saache kloerstellen.

Mat dësem Gesetz wäerten eis Grondschoulen an Zukunft besser opgestallt sinn, fir deene schouleschen Erausfuerderungen och Rechnung ze droen. De Rapporteur Lex Delles huet et gesot, mir hunn hei am Haus an der Lescht vill iwwert dës Erausfuerderunge geschwat. D'Madamm Hansen hat elo an hirer Introduktioun gesot, oder quasi och bedauert, dass villes géif gegrënnt ginn an och villes ganz komplex wär, wat an de Strukture géif geschaaft ginn. Dat féiert mech zu e puer Iwwerleeungen.

Éischtens emol denken ech, an dat wësst Der: D'Welt ass net einfach! An och d'Schouwelt ass absolutt net einfach. Komplex Problemer, mengen ech, kënne mer net mat simplistesche Léisunge léisen. Ech wëll awer och zwee Wierder dozou soen, an de Rapporteur Lex Delles huet mech elo nach eng Kéier drun erënnert: Mir schafe jo och mat deem heite Projet duerchaus Strukturen of. Et ass jo net esou, dass der nëmmen derbäikommen. Mä ech kommen, wéi gesot, dorop nach zréck.

Ënnerschiddlech Talenter, Besoinen, kulturell a sozial Hannergrënn, dat sinn nëmmen e puer Elementer, déi d'Schoulen an d'Léierpersonal dagdeeglech mussen ënner een Hutt kréien. Schonn eleng dat ass eng immens Leeschtung, déi e grousse Respekt verdéngt.

Wann een dann aus gudde Schoulen nach besser Schoule wëllt maachen, da muss ee kucken, wou de Schong genau dréckt a wou ee kann duerch strukturell Verännerungen d'Schoule besser a besonnesch och méi effikass opstellen, fir dësen Erausfuerderungen dann och gerecht ze ginn.

Mat dësem Projet de loi gëtt dofir net nëmmen un der Gestioun vun de Schoule geschrauft, och wäert d'Betreiung vu Kanner mat spezifesche Besoine souwuel op lokalem wéi och op regionalem Niveau däitlech, wierklech däitlech verbessert ginn. Fir besser op déi spezifesch Besoine vun dëse Kanner anzegoen, ginn eleng op lokalem Niveau, an de Schoulen also, 150 Leit agestallt. Dës solle sech an enger inklusiver Approche ëm dës Kanner këmmeren.

Här President, eleng d'Unzuel vun dëse sougenannten I-EBS weist, dass et eng absolutt Prioritéit vun dëser Regierung ass, d'Prise en charge vun dëse Kanner ze verbesseren, mä virun allem och, dass e reelle Besoin um Terrain besteet, sprëch, dass et eng ganz Rei Saachen an deem Domän nozehuele gëtt.

D'Demokratesch Partei begréisst et dofir och ausdrécklech, dass de Premier a sengem État de la nation ugekënnegt huet, dass nach 350 Leit méi iwwert déi nächst Joren zur Verfügung gestallt ginn, fir do ze entlaaschten, wou Educateuren, Sozialaarbechter, Psychologen, Pädagogen an Therapeuten haut dacks iwwerlaascht sinn. Dat zum Wuel vun de Kanner, déi eis Hëllef brauchen.

Här President, Entlaaschtung ass och fir d'Aarbecht vum Inspektorat e gutt Stéchwuert. Well haut feelen den Inspekteren Dag fir Dag an där villfälteger Aarbecht, déi ufält, oft Stonnen, fir alles dat kënnen ze maachen, wat se musse maachen. Besonnesch no der Reform vun 2009 sinn d'Responsabilitéite vum Inspekter gewuess. D'Regierung mécht doweinst elo aus dem Eenzelkämpfer, wat den Inspekter war, eng Equipp: eng Equipp, déi zesummeschafft, fir d'Schoul besser ze maachen, eng Equipp aus zwee bis fënnef Leit, déi sech zesumme mat enger klorer Aufgabeverdeelung besser kënnen ëm d'Kanner aus hirer jeeweileger Regioun këmmeren.

Gläichzäiteg leeë mir och an der Schoulentwécklung en Zant zou. Mam Stäerke vum President vum Schoulcomité an der Schoulentwécklung schafe mir eng nach besser basisdemokratesch Dynamik an der Grondschoul.

Här President, ech hoffe jiddefalls net, dass déi gréisst Oppositiounspartei dës Struktur an der Schoul wëllt mat hirem Schouldirekter ofschafen. De President vum Schoulcomité gëtt mat dësem Gesetz souzesoen den „chef d'orchestre" vun enger Equipp, déi vun ënne gedroe gëtt an déi zesummen e PDS festleet. Dat ass eng Struktur vun ënnen erop an net vun uewen erof. Ech mengen, dass et ganz wichteg ass, fir dat nach eng Kéier ze ënnersträichen.

Firwat elo net aus dem aktuelle President e Schouldirekter maachen?

Mme Martine Hansen *(CSV)*.- Här President!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Erlaabt Der, Här Lamberty?

M. Claude Lamberty *(DP)*.- Natierlech.

Mme Martine Hansen *(CSV)*.- Merci, Här Lamberty. Ech wollt just froen: Am Secondaire gëtt jo och e Plan de développement scolaire gemaach. Ech huele jo un, datt Der dovunner ausgitt, datt dee Plan de développement scolaire am Secondaire och ka funktionéieren, obschonns datt een Direkter an der Schoul ass. Dofir verstinn ech Är Ausso do net ganz.

M. Claude Lamberty *(DP)*.- Ech mengen, dass mer am Secondaire, a mir komme jo bei der Lycéesreform nach drop zréck, ganz aner Strukturen hunn. Mir hu wuel eng Direktioun, an ech kommen och a menger Ried nach drop zréck, mä mir hunn awer och verschidde Cellullen, déi sech ëm d'Entwécklung këmmeren. Dat heescht, et ass net esou, dass an engem Lycée net och vun ënnen erop bestätegt gëtt.

Mme Martine Hansen *(CSV)*.- Also ass et och méiglech mat engem Schouldirekter.

M. Claude Lamberty *(DP)*.- Mir schafe jo och hei Direkteren. Mir komme jo geschwënn...

Mme Martine Hansen *(CSV)*.- E Schouldirekter an der Schoul!

M. Claude Lamberty *(DP)*.- Lauschtert meng Ried eng Kéier ganz, ech si sécher, duerno sidd Der vill méi iwwerzeegt!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Elo huet just den Här Lamberty d'Wuert.

Mme Martine Hansen *(CSV)*.- Ech mengen net.

M. Claude Lamberty *(DP)*.- Also, meng Fro war virdrun, ier d'Madamm Hansen se gestallt huet: Firwat also net aus dem aktuelle President e Schouldirekter maachen? An ech mengen, dat huet d'Madamm Hansen sech jo och elo nach eng Kéier gefrot.

Ma ganz einfach: Domat géif déi ganz Struktur vum Basisdemokrateschen ewechfalen. Fir d'DP huet de President vum Schoulcomité jiddefalls seng fest Plaz an eise Schoulen. Et ass hien, deen zesumme mam ganze Corps enseignant an de Schoulen, an de Klasse präsent ass an am beschte weess, wou de Schong dréckt a wou d'Schoule sech mussen ausriichten, fir de Besoine vun de Schüler entgéintzekommen.

Mir brauchen an eise Schoule Presidenten, déi vun ënnen erop gewielt amplaz vun uewen erof genannt ginn. Mir brauchen an eise Grondschoulen eng Equipp um Terrain a vum Terrain, déi autonom an zesummen hire Plan de développement scolaire ka festleeën.

Här President, ech verstinn och d'Opreegung iwwert déi regional Direktiounen, déi elo en place gesat ginn, net wierklech. Do besteet jo awer dann e gewëssene Parallelismus zu de Lycéeën. Och gëtt et en Direkter, also och do gëtt et en Direkter mat senger Equipp, dee sech ëm eng vergläichbar Unzuel u Schüler këmmert an och Responsabilitéit dréit.

An ech kucken dann nach eng Kéier d'Madamm Hansen: Ech mengen, si war jo och an där Positioun, fir kënnen ze bestätegen, dass dat an de Lycéeë mat Direktiounen och gutt fonctionnéiert.

An, Här President, nom Projet de loi 6390 vun der Madamm Delvaux, deen iwwregens och regional Direktioune virgesinn huet a bei deem d'CSV deemools jo mat um Regierungsdësch souz, setzt dës Regierung d'Grondiddi vun den Direktiounen ëm an huet och eng ganz Rei Plazen trotzdeem mat Iddien a Visiounen ergänzt a completéiert. Mir schafen eng Dynamik, déi de Schoule vun ënnen erop Fräiheete gëtt an déi vun de regionalen Direkteren encadréiert gëtt. D'Grondiddi vun der Basisdemokratie an de Schoule gëtt mat eis net a Fro gestallt! Dat ass net nëmmen e politesche Choix, mä virun allem eng absolutt Noutwendegkeet.

Här President, ech kommen dann nach op d'Aféierung vum Franséischen am Cycel 1 ze schwätzen. Jo, an Zukunft wäerten nieft dem Lëtzebuergeschen an dem Éveil aux langues och franséisch Elementer am Cycel 1 optauchen. Dobäi bleift Lëtzebuergesch awer - an dat ass wichteg ze betounen! - déi wichtegst Kommunikatiounssprooch am Cycel 1. Dat vläicht virop gesot, fir déi Leit ze berouegen, déi mengen, méi Franséisch géif gläichzäiteg de Stellewäert vum Lëtzebuergeschen an der Spillschoul ënnergruewen. Et wäert am Lëtzebuergesche weiderhin dorëm goen, Kompetenzen am Héieren, Verstoen an am Schwätzen op engem bestëmmten Niveau ze entwéckelen.

Dann zum Franséischen: An der Spillschoul soll ee kee Franséisch am klassesche Sënn vum Wuert „léieren" léieren. Et ass éischter en Entdecken, en Eruféieren un déi franséisch Sprooch. Et geet ëm en éischte Kontakt, e Kontakt ouni Drock an ouni Zwang fir d'Kand. An ech widderhuelen et gär: D'Kanner sollen op eng kandgerecht a spilleresch Aart a Weis duerch Lidder, Reimer, kuerz Geschichten, Fangerspiller a Rollespiller un déi lëtzebuergesch an un déi franséisch Sprooch erugefouert ginn.

Une voix.- Très bien!

Une autre voix.- An déi däitsch?

M. Claude Lamberty *(DP)*.- An un déi däitsch!

Une voix.- ...steet dat do am Gesetz?

(Brouhaha)

M. Claude Lamberty *(DP)*.- Ech mengen, dass déi lëtzebuergesch an déi franséisch elo emol déi zwee Haaptschlëssele sinn, fir dass mer an eisem Schoulsystem weiderkommen. Dat wësst Der och ganz genau.

(Interruptions)

D'Freed an d'Loscht...

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Här...

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng)*.- Bei „Gute Zeiten, schlechte Zeiten".

M. Claude Lamberty *(DP)*.- Elo si mer bei „Gute Zeiten"!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Fuert Dir virun, Här Lamberty. A mir féieren elo hei keng Zwigespréicher.

Mme Josée Lorsché *(déi gréng)*.- Kinderkanal,...

M. Claude Lamberty *(DP)*.- Mä ech sinn awer grad bei der Freed. D'Freed an d'Loscht um Léiere vun dëse Sprooche solle bei de Kanner am...

(Interruption par Mme Josée Lorsché)

M. Claude Lamberty *(DP)*.- ...Mëttelpunkt stoen. An ech sinn och iwwerzeegt, dass déi Freed an déi Loscht um Léiere vun dëse Sprooche bei de Kanner am Mëttelpunkt stinn.

(Interruption)

Dofir gëtt am Cycel 1 jo och zum Beispill kee Sockelniveau fir dat Franséischt definéiert.

Här President, da gëtt vusäite vun der Oppositioun och ëmmer - an d'Madamm Hansen hat dat jo och nach eng Kéier ënnerstrach - no wëssenschaftlechen Etüde gefrot. Abee, net méi spéit wéi gëschter huet op dëser Plaz de Minister Claude Meisch nach eng Kéier eng Lëscht mat 72 - mat 72! - wëssenschaftleche Referenzen a Fachliteratur iwwer fréi méisprooche Bildung deposéiert.

(Interruption)

Eng Sekonn, loosst mech fir d'Éischt fäerdeg maachen, wann dann d'Fro nach op ass, kënnt Der se gär stellen. Doranner stinn...

(Interruption)

...déi wëssenschaftlech Point-de-vuen, wéi Kanner an engem méisproochege Kontext Sproochen entwéckelen a wéi hinne ka spéider déi Entwécklung zeguttkommen.

An elo kënnt bestëmmt déi Fro vun der Madamm Hansen: Wat huet dat mam lëtzebuergesche Kontext ze dinn?

Une voix.- Ah!

(Interruptions)

M. Claude Lamberty *(DP)*.- Ass et richteg?

(Assentiment par Mme Martine Hansen)

Maja. An ech äntwerten lech op d'Fro, déi Der nach net gestallt hutt:...

(Hilarité)

Wann déi aktuell Etüde beleeën, dass e Kand an deem Alter ka mat verschiddene Sproochen opwuessen an dovunner profitéieren, dann ass dat schonn emol en extrem gutt Argument, op dat ee kann opbauen. An ech froe mech dann awer och gläichzäiteg, ob et am Moment wëssenschaftlech an op lëtzebuergesch Spezifissitéiten ausgeriicht Etüde gëtt, déi den aktuelle Wildwuchs an eise Crèchë géife guttheeschen. D'Konzept huet Kapp a Schwanz an et wäert derfir suergen, dass Sproochebarrièrë guer net eréischt entstinn.

An am Endeffekt geet et näämlech genau dodrëm: dass eis Kleng an de Crèchen, am Precoce, an eise Schoulsäll Lëtzebuergesch léieren! Dat zielt besonnesch fir déi Kanner, déi éischter e frankofone Background hunn. Mir hëllefen hinnen näämlech an hirem ganze Schoulparcours mat dëser Mesure.

Geneesou hëllefe mer awer deene Kanner, e méi liichten Zougang zum Franséischen ze fannen, déi vun doheem aus Lëtzebuergesch oder och Däitsch schwätzen. D'Kanner alleguer profitéieren also dovun, eng Sprooch op spilleresch Aart a Weis quasi en passant ze léieren, déi se an eisem Land brauchen. Well Franséisch, an dat wësst Dir alleguer heibanne genausou gutt wéi ech, ass eng immens wichteg administrativ a Kommunikatiounssprooch fir eist Land. Eleng nëmmen drun ze erënneren, dass eis juristesch Texter an all eis Gesetzer op Franséisch sinn, schéngt mer op dëser Plaz opportun.

Mä net nëmme brauche mir also dat Franséischt, dat Lëtzebuergescht, dat Däitscht - also ech betounen hei: dat „brauchen", dat ass net dat Entscheedend -, mä mir sollen houfreg si fir eis Kanner, dass si kënnen an engem Land opwuessen, wou déi Méisproochegkeet en absolutten Atout vun eiser Schoulausbildung ass.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Claude Lamberty *(DP)*.- A mir kënne frou sinn, wéi gesot, an engem Land ze liewen, wou eis Kanner ouni Drock, op eng spilleresch, flott Aart a Weis en Zougang zum Räichtum vun esou ville Sprooche fannen.

Une voix.- Très bien!

M. Claude Lamberty *(DP)*.- Här President, zum Schluss wëll ech dem Rapporter Lex Delles e grousse Merci soe fir säi gudde mëndlechen a schréftleche Rapport.

(Brouhaha)

An ech géif gläichzäiteg den Accord vun der DP-Fraktioun zu dësem Projet de loi ginn. Merci.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci, Här Lamberty. An nächst Riednerin ass d'Madamm Tess Burton.

Mme Tess Burton *(LSAP)*.- Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech wëll och ufänken an dem Rapporteur, dem Lex Delles, Merci soe fir säin ausféierleche Rapport.

Déi lescht Reform am Fondamental ass nach keng zéng Joer hier. Dat aktuellt Gesetz, dat vun 2009 ass an dat mir haut mat dësem Gesetz ännere sollen, hat de Grondschoule méi Autonomie ginn, fir d'Erausfuerderungen, mat deenen eise schoulesche System konfrontéiert ass, besser ze meeschteren. Et war dobäi virun allem drëms gaangen, de Schoulen d'Méiglechkeet ze ginn, sech un eis Schülerpopulatioun, déi esou veschidden ass, ze adaptéieren.

De Plan de réussite scolaire, dee mat dësem Gesetz ëmgedeeft gëtt an de Plan de développement scolaire, PDS, esou wéi en och am Lycée heescht, ass dat Instrument, mat deem eng Schoul kann en État des lieux maachen a kucken, wat gutt a wat manner gutt fonctionnéiert, an doropshin dann d'Entwécklung vun der Schoul esou weiderdreiwen, fir déi pädagogesch Qualitéit op all Niveau ze garantéieren.

Här President, mat deem Gesetz hei präziséiere mir nach weider, wie sech un deem PDS bedeelegt a wéi esou e PDS all dräi Joer muss ausgeschafft ginn, fir dass d'Objektiver, déi d'Schoul sech an deem Kader gesat huet, och beschtméiglech kënne respektéiert ginn.

Et ass an den Ae vun der LSAP duerfir ganz wichteg, dass mir mat dësem Gesetz e spezialiséierten Enseignantsposten am Fondamental schafen, deen zoustänneg ass, fir de Schoulcomité beim Ausschaffe vum schouleschen Entwécklungsplang ze beroden. Och d'Roll vum Schoulcomité gëtt doduerch weider opgewäert, wat d'Entwécklung vun der Schoul ugeet. An d'Aufgab vum Schoulcomité ass also bei Wäitem keng einfach an et ass positiv, dass him an Zukunft e Spezialist zur Säit steet, fir dës Aufgab ze meeschteren. D'Schoulcomitéen hu sech déi lescht Jore bewisen a si si beléift an de Schoulen, well se eng participativ Prise de décision zwëschen den Akteuren um Terrain erlaben.

Här President, d'Schoulcomitée bleiwe bestoen, mä mir modifiéiere mat dësem Gesetz hei awer substanziell eise méi wéi 100 Joer ale System vum Inspektorat. Dat duerch d'Schafe vu 15 regionalen Direktiounen, déi geleet gi vun engem Generaldirekter an enger Rei Adjointen, jee no de Besoinen. Och hei präziséiert d'Gesetz e Stéckche weider, wie woufir zoustänneg ass, a schaaft, wéi bei de Schoulcomitéen, eng participativ Gestioun vun de Schoulen.

Dës nei regional Direktioune wäerten déi verschidden Entwécklungspläng vun de Schoulen an enger Regioun besser openeen ofstëmme kënnen, am Dialog sougenannt „Best Practices" identifizéiere kënnen, wat natierlech allgemeng zugonschte vun eisem Schoulsystem geet.

Här President, mir begréissen et och als LSAP, dass all regional Direktioun och ee Responsabele kritt, dee sech ëm d'Kanner mat besonneschen oder spezifesche Besoine bekëmmert. Mir mengen, dass dat dozou bäidréit, déi schoulesch Inklusioun vun deene Kanner ze verbesseren. Ech kommen herno nach eng Kéier op dee Punkt zréck.

Här President, all dës Moossname wäerten derzou bäidroen, déi méi hierarchiséiert Relatiounen an eisem Schoulsystem duerch méi participativer a kooperativer ze ersetzen. Mir mengen, dass dat eng gutt Saach ass an dass mer iwwert dee Wee och d'Motivatioun vun den Akteuren um Terrain stäerken, déi zesumme mussen un engem Strang zéien, fir eise Schoulsystem esou qualitativ héichwäerteg wéi nëmme méiglech ze maachen. All dat wäert och eng méi kohärent Entwécklung vun de Schoule garantéieren.

Här President, ech kommen dann zréck op d'Kanner mat spezifesche Besoinen. Iwwert déi nächst véier Joer stelle mir eng 150 spezialiséiert Enseignanten an, fir esou wäit wéi méiglech den Encadrement vu Kanner mat spezifesche Besoinen an de Schoule selwer ze erméiglechen. Dat ass fir eis déi richteg Approche.

Verschidde Kanner brauche méi en individuellen Encadrement, deen u si, un hire Rhythmus, fir ze léieren, adaptéiert ass. Dës Schoulmeeschteren, esou wéi d'Fiche de poste vum Educatiounsministère et virgesäit, mussen op d'mannst zwee Joer professionell Erfahrung am Enseignement hunn, a si mussen och nach e Masterdiplom an enger relevanter Disziplinn hunn, fir sech ëm d'Kanner mat besonneschen a spezifesche Besoine bekëmmeren ze kënnen. Derbäi kënnt, dass si all Joer op d'mannst 16 Stonnen mussen un enger Formatioun deelhuelen. De Schoulmeeschter ënnersteet dër regionaler Direktioun a schafft zesumme mam Schoulcomité. Hien huet och eng Berodungsmissioun.

Wann d'Inklusioun an der Schoul net méiglech ass, well d'Besoine vum Kand einfach ze grouss sinn, dann adresséiere si sech un d'Commission d'inclusion, wann et also net mat der Prise en charge an der Schoul selwer duergeet, mä wann doriwwer eraus eng Léisung op regionalem oder op nationalem Plang muss fonnt ginn.

A leschter Instanz ginn déi Kanner da reorientéiert an déi national Kompetenzzentren, déi jo och solle geschafe ginn. Ech denken, dass de Minister eis duerno Explikatioune wäert ginn, wou de Gesetzesprojet iwwert déi geplangte Kompetenzzentren drun ass.

An deem Sënn brëngt dat hei Gesetz och méi Kloerheet bei den Definitioune vun de Kanner mat besonneschen an de Kanner mat spezifesche Besoinen. Dobäi hu mir eis un déi international Klassifikatioun gehalen.

Här President, mir féiere mat deem heite Gesetz och d'Initiatioun zu der franséischer Sprooch am Cycle 1 an. Net méi spéit ewéi gëschter hate mer zu deem Sujet en Austausch mat Petitionären hei an der Chamber, déi dës Iddi net begréissen.

Just ganz kuerz derzou e puer Wierder. Mir ënnerstëtzen déi Aféierung vum Franséische fir Kanner tëschent engem a véier Joer. D'franséisch Sprooch ass eng wichteg Sprooch hei an eisem Land. An oft hu vill Kanner Problemer mat där Sprooch an der Schoul. Doduerch, dass mir hinnen dës elo op eng spilleresch Aart a Weis méi no brëngen - et kritt keen eppes agetriichtert an et gëtt och keen duerno getest op seng Kenntnisser -, maache mer den Apprentissage vun der Sprooch doduerch méi einfach.

D'nämlecht och fir d'Lëtzebuergescht. Well wann iwwert d'Initiatioun plurilingue geschwat gëtt, da gëtt oft net erwähnt, dass domat och d'Lëtzebuerger Sprooch zur Geltung kënnt. Haut ass d'Situatioun a ville Crèchen esou, dass oft nëmme Franséisch geschwat gëtt. Doduerch gëtt dann och d'Integratiounssprooch Lëtzebuergesch vernoléissegt. Dat hei ass also déi richteg Approche, fir souwuel d'Lëtzebuergescht als Integratiounssprooch weider ze stäerken, an awer och d'Franséischt als wichteg Sprooch an eisem Land ze promouvéieren.

Här President, domat hunn ech déi fir eis wichtegst Punkte vun dëser Reform ugeschwat a ginn domadder d'Zoustëmmung vu menger Fraktioun fir dëse Projet .

An ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci och der Madamm Burton. An nächste Riedner ass de Claude Adam. Här Adam, Dir hutt d'Wuert.

M. Claude Adam *(déi gréng)*.- Här President, mam Projet de loi 7104 begruewe mer de Schoulinspekter. Dat ass net deen eenzege Punkt, mä awer den Haaptpunkt vun dësem Projet de loi.

(Interruptions)

An duerfir wäert ech och fir d'Éischt dëse Punkt zimlech ausféierlech beliichten an eréischt zum Schluss op déi aner Neierungen agoen.

Schoulinspektere gëtt et schonn, soulaang ewéi et eng ëffentlech Schoul an eng Schoulflicht gëtt. Am Exposé des motifs gëtt dann och e kuerzen Historique vum Schoulinspekter gemaach. An ech mengen, et gëtt och zu Recht do gesot, datt mat der Aféierung vun de sechs Regionalbüroen duerch d'Gesetz vum 30. Juli 2002 eng Entwécklung ugefaangen huet, déi haut mat der Aféierung vu 15 Regionaldirektiounen hiren einstweilege Schluss fënnt.

Wéi ech am Schouljoer 2002-2003 als Stagiaire-Inspekter ugefaangen hunn, hat ech keen anere Büro wéi mäi Büro doheem zu Miersch. An ech war Inspekter am Minett. Virdrun hat den Här Delles gesot, den Inspekter wier en Eenzelkämpfer gewiescht. Ëm déi Zäit 2002, 2003 huet dat op alle Fall gegollt. Awer schonn d'Joer drop, 2003-2004, war ech dann an engem Büro, an dat war deen éischte Regionalbüro, dee seng Dieren opgemaach huet. An dee war - wie wonnert et? - an der Gemeng Déifferdeng. An do ware mer dann zu véier Kolleegen zesummen, a mer haten och e Sekretär kritt. Dat war e grousse Fortschrëtt. Dat huet mir Zäit a Kilometergeld gespuert an dem Stat och.

Déi Entwécklung vum Inspektorat ass ëmmer weidergaangen. D'Instituteurs-ressources sinn zum Beispill agefouert an erëm ofgeschafe ginn. Den Instituteur attaché ass komm. Mat dem Schoulgesetz vun 2009 ass den Zoustännegkeetsberäich vun den Inspekteren ëmmer méi grouss ginn, ënner anerem och, well d'Gemenge manner mam Schoulpersonal ze dinn haten. D'Schoulgesetzer hunn nach aner Neierunge mat sech bruecht, well se zum Beispill och ee Plan de réussite scolaire agefouert hunn, dee vum Inspekter ofgeseent gi muss. Den Inspekter kann och eng wichteg Roll spille bei der Formation continue vun enger Schoul, den Oberinspekter ass ofgeschafe ginn, an esou weider.

Nei an iwwerfälleg war 2009 och, datt de Schoulinspekter als Chef hiérarchique an d'Gesetz geschriwwe ginn ass.

Wa mer also haut en historesche Moment schafen, andeems mer d'Schoulinspekteren ofschafen, da gi mer se awer net einfach esou ersatzlos sträichen, mer ersetze se duerch 15 Regionaldirektiounen. Mir ginn eis duerfir bei d'Englänner inspiréieren, wou et e Modell vun „system leaders" gëtt, déi do scho laang an anscheinend mat Succès schaffen.

An dann, ech zitéiere fräi aus dem Exposé des motifs, geet et haut drëm, fir vertikal Strukturen, déi typesch si fir en traditionellen an hierarchesche Modell vun Administratioun an déi d'Zesummenaarbecht vun deene veschiddenen Entitéite schwéier maachen, duerch horizontal Strukturen ze ersetzen. An dës horizontal Strukture favoriséieren den Austausch, d'Zesummenaarbecht a schafen ee Vertrauensklima. Alles bluttnoutwendeg, fir datt eng Schoul sech ka weiderentwéckelen. Mer kréien also schéin Zoustänn an eisen Écoles fondamentales. Wie kann do schonn dergéint sinn? Dat klengt dach alles wonnerbar.

Här President, ee vun deene ganz gewiichtege Grënn, firwat mer op de Wee vu regionalen Direktioune ginn, an net zum Beispill op de Wee vu lokalen Direktiounen, ass de Fait, datt de Modell vum Schoulcomité a vum Schoulpresident sech an eise Schoule bewäert huet. Dat gëtt an enger Etüd vun der Uni Lëtzebuerg festgehalen, och wann ech net vill vun där Etüd halen. Ech froe mech: Däerf een dat haut nach soen? Däerf een dat haut nach soen, also als Normalstierflechen? Ech sinn net begeeschtert vun all Etüd, déi vun der Uni kënnt. Ben, ech hunn et awer elo gesot. Trotzdeem, de Schoulpresident ass e Succès an de Schoulcomité och. Jo, an ech wéisst och net, firwat datt ee sollt eppes änneren, eppes anescht maachen, wat sech an der Praxis bewäert huet a gutt funktionéiert, firwat datt een doru sollt réckele goen.

De President an der Schoul ass kee Supérieur hiérarchique. Hien huet awer d'Verantwortung an de Rôle vun engem Supérieur hiérarchique, vun engem Schouldirekter. Neen, och mir sinn der Meenung, datt een Directeur d'école, deen als - an ech zitéieren erëm eng Kéier aus dem Exposé des motifs - „mesure reposant sur une représentation simpliste du rassemblement du pouvoir en une seule personne" definéiert gëtt, net d'Léisung vun de komplexe Problemer an eise Schoule ka sinn. „Eng Schoul ass keng Kasär", huet de Guy Rewenig schonn an de 70er Joren a senger Sammlung „D'Schoul brennt!" geschriwwen.

Mä ass dat dann eng korrekt Definitioun vun enger Direktioun? Kann een haut zum Beispill ee Lycéesdirekter als „Représentation simpliste du rassemblement du pouvoir" bezeechnen? N'est-ce pas un peu trop simpliste?

Ech begréissen natierlech all Beméiungen, fir ee gutt Schoulklima ze schafen an d'Schoul op kollegialer Basis ze féieren. An awer sinn ech ganz frou, datt den Artikel 60 am Gesetz iwwert den Enseignement fondamental stoe bleift. Do heescht et ënner anerem: «Le directeur est le chef hiérarchique du personnel intervenant dans l'enseignement fondamental.» An esou ee Saz ass eréischt 2009 an d'Schoulgesetz komm. Dee war virdrun net do.

An da maachen ech nach ee leschten Hiweis op déi kuerz Zäit, wou ech selwer an der Fonctioun vun engem Schoulinspekter war. Ech hat eng eenzeg Kéier e gréissere Problem mat enger Léierpersoun. Ech hat där Persoun e Bréif geschriwwen a se opgefuerdert, a mäi Regionalbüro ze kommen, fir iwwert de Problem ze diskutéieren. Ech krut e Bréif zréck, an deem déi Persoun gesot huet, si kéim net a mäi Regionalbüro. Ech kéint jo bei si an d'Klass goen, ech wéisst jo, wou ech se géif fannen.

(Hilarité)

Ech war deemools an enger Situatioun als Stagiaire. Ech hunn dat diskutéiert, vun de Juriste vum Ministère deemools préiwe gelooss, ech hu mat mengem Patron de mémoire, mat mengem Patron de stage driwwer diskutéiert. A mer sinn zur Konklusioun komm: „Ben, et steet näischt iwwert de Chef hiérarchique am Gesetz, loosst de Mann, wou en ass!"

Bei aller Léift, an ech si frou, datt de Vertrieder vun der Demokratescher Partei mech basisdemokratesch, praktesch lénks iwwerholl huet, bei aller Freed mat der Basisdemokratie, mir mengen, datt den Artikel 60 awer kee Luxus ass, a mer sinn och frou, datt en am Schoulgesetz steet.

Fir de Schoulinspekter ännert sech also esou munches mat dësem Gesetz. Aus 21 Arrondissementer gi 15 Regionaldirektiounen. Den Inspekter-Direkter kritt elo zwee bis véier Sousdirekteren. Fir de Président d'école ännert sech eigentlech ganz wéineg mat dësem Gesetz. Seng Attributiounen, genee wéi déi vum Comité d'école, bleiwen d'selwecht. An awer, de Président d'école huet et elo mat engem Direkter an zwee bis véier Sousdirekteren ze dinn.

Nei gëtt och, datt een Instituteur spécialisé au développement scolaire, een I-DS,an d'Schoul matschwätze kënnt. Den I-DS ënnersteet direkt dem SCRIPT. Wat och e puer Froen opwërft: Wien ass da säi Chef hiérarchique? Kréie mer elo do eng Situatioun, wéi mer se beim aktuellen Ediff-Personal hunn, datt déi Leit direkt zwee Cheffen hunn?

Nei kënnt fir de Schoulpresident och nach een Instituteur spécialisé dans la scolarisation des élèves à besoins éducatifs particuliers ou spécifiques, een I-EBS. De Schoulpresident huet niewent der Gemeng, der Direktioun also elo och nach mat zwee Spezialisten ze dinn, déi eng aner Carrière an eng aner Formatioun hunn ewéi hien. De Schoulpresident ass an eisen Aen, mat oder ouni Pouvoir hiérarchique, déi wichtegst Persoun an der Schoul.

De Schoulmeeschter oder d'Léierin, den Titulaire de classe, ass déi wichtegst Persoun an der Klass. Mat alle Spezialisten, mat alle Postes à responsabilité, mat alle wichtegen zousätzlechen Aarbechte gëtt dat, sou hunn ech op alle Fall heiansdo d'Gefill, munchmol vergiess. „Ah, du häls nëmme Schoul!" „Du hues emol keng Decharge, fir am Comité matzeschaffen, fir d'Bicher auszeschaffen, fir d'Programmer auszeschaffen!" An esou weider. Dat fannen ech e bësse schued. Ech mengen, d'Haaptaufgab ass nach ëmmer d'Aarbecht um Terrain, direkt mat de Kanner.

Här President, no der Zäit vu fréier, wou mer et mat dem véierten, drëtten, zweeten, éischte Rang beim Léierpersonal ze dinn haten, hate mer eng laang Zäit eng Carrière plane an de Schoulen. Haut bewege mer eis op eng Abberzuel vu Spezialisten a Spezialchargen zou. An der Zäit, wou d'Uni Lëtzebuerg geschafe gouf, ass och d'Formation initiale vum Léierpersonal vill diskutéiert ginn.

Mir haten eis als Gréng ëmmer fir e Master fir d'Schoulmeeschteren ausgeschwat, e Bachelor en sciences éducatives an duerno eng Spezialisatioun fir jiddwereen, sief et am Ëmgang mat Enfants à besoins spécifiques, sief et am Schoulmanagement, sief et an engem Fach oder an engem Grupp Fächer. Ech mengen, déi aktuell Entwécklung geet erëm an esou eng Richtung. E Master fir all Schoulmeeschter ass bestëmmt net fir déi nächst Legislaturperiod ze maachen, mä ech mengen, dat soll een awer emol erëm eng Kéier an d'Gräpp huelen. Dat géif an eisen Ae munches méi einfach a vläicht och méi gerecht maachen.

Op dräi Detailer wëll ech zum Schluss nach ze schwätze kommen. Am Artikel 7 féiere mer d'Initiation à la langue française am éischte Cycle an. Ech konnt gëschter leider net den Debat vun der ëffentlecher Petitioun hei suivéieren, well ech zu Malta op der 57. COSAC-Reunioun war.

Une voix.- Oh!

M. Claude Adam *(déi gréng)*.- A Gedanke war ech bei lech.

(Brouhaha et interruptions)

Une voix.- Ech gleewe villes, awer dat net.

(Hilarité)

M. Claude Adam *(déi gréng)*.- Da kommt, mir loossen emol einfach soen: „Ech hunn un lech geduecht!" An ech hunn dann och an der Mëttesstonn, dank Chamber TV, den Debat kënne kucken, awer net ganz. Ech hunn d'Introduktioun vun deem jonke Schoulmeeschter gelauschtert an ech hunn Är Äntwert, Här Minister, gelauschtert. An Dir hutt, mengen ech, ugefaangen, andeem Dir gesot hutt: „Hei ass elo munches nach duerjerneegaangen, wou Vermëschung war tëschent Crèchen, tëschent Schoul, tëschent Cycle 1 an esou weider."

An ech mengen awer, Här Minister, datt mer feststellen, an ech géif deem jonke Petitionär dat just soen: Hien huet sech net schlecht informéiert gehat. En huet awer trotzdeem relativ villes hei zur Sprooch bruecht. Wann dat nach esou vill Duerjerneen an de Käpp ass, da sollte mer dat och als Erausfuerderung gesinn, fir eis Beméiungen ze erklären, a wéi eng Richtung datt mer fueren, fir dat nach méi mat de Leit um Terrain ze beschwätzen.

Malta ass iwwregens och en zweesprooch egt Land. An dat ass och ganz interessant. Si hunn decidéiert, fir eben d'Maltesescht als hir Sprooch an d'Englescht als zweet Sprooch ze hunn. Do kann ee bestëmmt net e Copy-paste maachen, mä ech mengen, do kéint een awer munches léieren. Ech hat natierlech, well ech awer un lech geduecht hunn, och Leit dohannen um Terrain gefrot, wéi si mat der Zwee-

sproochegkeet ëmgaange sinn. An dat ass awer och interessant, wat do leeft.

Den zweete Punkt, op deen ech kuerz wëll agoen, dat sinn déi Instituteurs spécialisés fir Kanner mat spezifesche Problemer oder mat Problèmes particuliers. D'Vue vum Minister, fir en I-EBS bei d'Schoul ze setzen op der lokaler Ebene, fir eng Équipe régionale ze organiséieren an national Kompetenzzentren an dësem Beräich bäizebehalen an auszebauen, fënnt eis Ënnerstëtzung. Datt d'Équipe multiprofessionnelle elo ESEB heescht an d'CIS elo CI, mäi Gott, do wäerte mer eis och dru winnen. Mir hunn eis un déi Cyclë gewinnt, da wäerte mer dat doten och nach verschafft kréien.

An e leschte kuerze Punkt: De PRS heescht elo PDS. Do schéngen all déi ugekënnegt Neierunge sënnvoll ze sinn. Déi eenzeg Fro: De PRS ass anscheinend och zu Recht kritiséiert ginn, datt en e bësse bürokratesch a schwéierfälleg wier. A wann ech kucken, wat mer eis alles vun deem PDS erwaarden, dann dierft dat awer och net einfach sinn, fir deen e bësse méi liicht ze maachen. Quitte datt mer d'Hëllef vun deem spezialiséierte Schoulmeeschter als Uspriechpartner hunn.

Ech hu keng Reklamatioun héiere vun der Säit vun den Inspekteren. Och net vun der Gewerkschaft vun den Inspekteren. Esou eppes ass et emol zu menger Zäit ëmmer ginn. Ech géif mengen, et géif se haut och nach ginn. Soudatt ech dervun ausginn, Här Minister, datt déi 21 Arrondissementer mat deene Persounen, déi do dra sinn, hir Plaz alleguerten am Ministère de l'Éducation nationale fannen. Et sinn nëmme 15 Direkteren, déi mer kréien, mä ech ginn dervun aus, datt jiddweree seng Plaz am Ministère behält.

An duerfir bréngen ech dann och, net just duerfir, den Accord vun der grénger Fraktioun zu dësem Projet de loi.

Merci.

Une voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci och dem Här Adam. An d'Wuert huet elo direkt den Här Fernand Kartheiser.

M. Fernand Kartheiser *(ADR)*.- Villmools Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech fänken och u mat engem häerzleche Merci un den Här Delles, dee wéi ëmmer an der Kommissioun an och hei eng wonnerbar Aarbecht geleescht huet, fir eis duerch dëst Gesetz ze féieren.

Et ass e Gesetz, wat ee vläicht ënner verschiddene Gesiichtspunkte ka gesinn. Ech fänken emol u mat der Sprooch, well dat elo hei e puermol gesot ginn ass. An et misst ee ganz naiv sinn, fir elo hei just ze kucken, wat an der Schoul mat der franséischer Sprooch geschitt, wat mat der lëtzebuergescher Sprooch an deem Alter geschitt, ouni deen allgemenge Kontext vun der Sprooche politik vun dëser Regierung ze berücksichtegen.

Mir assistéieren hei op ville Fronten, an do kann d'Regierung Pseudopläng virleeën, wat se wëllt mat der Sprooch maachen, sou vill se wëllt, mä mir assistéieren hei ënnert dëser Regierung enger progressiver Frankofoniséierung vum Lëtzebuerger Land zulaaschte vum Lëtzebuergeschen an och vum Däitschen. Et ass eigentlech dat, wat geschitt.

An dat, wat elo hei ass, dat ass en Deelaspekt dovunner. Lëtzebuergesch ass an eisen Aen als ADR Integratiounssprooch, déi eenzeg Integratiounssprooch! A mir wieren eis och géint déi Begrëfflechkeeten, déi d'Regierung afeiert, datt mer méi Landessproochen hätten. Méi Nationalsproochen, huet de Premierminister souguer gesot. Neen, mir hunn hei Lëtzebuergesch als Nationalsprooch a mir benotzen aner Sproochen an enger funktioneller Méisproochegkeet. An un deem Modell hale mir fest.

Dat, wat d'Regierung hei mécht, ass och eng Diskriminatioun vu Kanner, déi aus Länner kommen, déi kee romaneschsproochegen Hannergrond hunn un éischter Plaz. An där hu mer ëmmer méi am Land. Well si, nach méi wéi all aner, direkt mat zwou Friemsprooche konfrontéiert ginn. An eisen Aen ass dat net korrekt. Et ass och nach eng Diskriminatioun vu Kanner, déi net e lëtzebuergeschsproochegen Hannergrond hunn.

D'Regierung verstoppt sech och e bëssen. Et ass och eng gewëssen Onsécherheet do. Engersäits wëll se dat weiderdreiwen, d'Franséischt hei am Land op alle Fronte virundreiwen. An awer weess se, datt dat bei ganz ville Leit, wéi et och gëschter erëm gewise ginn ass an där Diskussioun iwwert d'Petitioun, op Widderstand stéisst. Datt dat net gutt akzeptéiert gëtt bei deene meeschte Lëtzebuerger, géif ech emol esou soen. A si verstoppt sech souguer an dësem Gesetz hannert deem Accord, dee se mat der Gewerkschaft geholl huet. Dat ass e bësse komesch gewiescht, datt een am Exposé des motifs muss liesen, datt se d'Aféierung vum Franséischen conformément à l'accord mécht, dee se mat de Gewerkschafte geholl huet. Neen, et ass d'Regierung, net d'Gewerkschaft, déi eben déi Frankofoniséierung vun dësem Land wëllt forcéieren.

Iwwert den Direkter: Mir begréissen et als ADR, datt den Direkter agefouert gëtt, mir hätten e just gär an de Schoulen. Anerer hunn dat och proposéiert, d'CSV notamment. Déi Perspektiv deele mir hei och. An hei sinn zwee politesch Modeller, déi matenee konkurréieren. Mir hunn engersäits nach d'LSAP-Virstellung vum Comité d'école, deen do basisdemokratesch fonctionnéiert an ënnert der Madamm Delvaux besonnesch populär war sengerzäit - oder an hirer Zäit.

Dat ass esou e bëssen nach de Konzept vum „Schoulsowjet",...

(Hilarité et exclamations)

...en typesche lénken Imaginatif, dee mer do hunn.

(Brouhaha général)

An op där anerer Säit kënnt dann elo eng Partei an d'Verantwortung, d'DP, déi ëmmer den Direkter hei gefuerdert huet. A wat mer elo hunn, dat ass dee faule Kompromëss tëschent de regionalen Direktiounen an de Sowjeten an de Schoulen, an déi probéieren dann, mateneen ze fonctionnéieren. Dobäi gëtt dann nach gesot, a sécher am Kader vun enger Koalitiounsverhandlung: „De Président d'école, dee stäerke mer elo." En huet awer iwwerhaapt keng hierarchesch Kompetenzen! Wéi soll en da gestäerkt ginn?

Also dat Ganzt ass en hybride System, e System, deen net kann zefriddestellend fonctionnéieren, well en net logesch ass. Den Direkter gëtt Supérieur hiérarchique - ech mengen, den Här Adam huet laang doriwwer geschwat -, dat wor e schonn. Et gëtt hei nach eng Kéier confirméiert. Mä en ass Supérieur hiérarchique, oder e gëtt et, an duerch dat Gesetz gëtt et nach eng Kéier confirméiert. A gläichzäiteg gëtt dat erëm relativéiert duerch eng Mediatiounsprozedur, déi ageféiert gëtt - déi et och soss néierens an der Fonction publique gëtt - tëschent dem Supérieur hiérarchique an de Subordonnéen. Well all Enseignant, deen net zefridden ass mat enger Decisioun vu sengem Direkter, kann eng Mediatioun ufroen.

Jo, wann dat do géif allgemeng an der Fonction publique ageféiert ginn, wéi soll déi dann nach fonctionnéieren? Wat kreéiere mer hei erëm fir Sondersituatiounen an eisem Enseignement? A wat sinn d'Konsequenzen op de Rescht vum Fonctionnement vum Stat? Ass dat dann net e Recht, wat iwwerhaapt all Subordonné eng Kéier ka beusprochen, wann et am Enseignement fonctionnéiert? Hei gi Saache geschaaft, déi net nozevollzéie sinn, déi disfunktionell sinn.

An da kann een natierlech op déi Ëmbenennungen agoen, déi elo virgeholl ginn. Ech maachen dat och.

Awer nach vläicht e Wuert iwwert déi Instituteurs spécialisés fir déi Kanner mat de Besoins spécifiques. Grondsätzlech begréisse mer dat natierlech. Mir sinn och fir eng inklusiv Approche, souwäit dat méiglech ass. Do gëtt et natierlech Grenzen doranner. Mä jo, mir mussen eng inklusiv Approche favoriséieren, awer eng eescht gemengten Inklusioun. Dat bedéngt virun allem eppes: Dat bedéngt, datt d'Schoulpersonal genuch Zäit huet, fir sech individuell ëm d'Kanner ze këmmeren. Dat ass eigentlech de Schlëssel vun der richteger Inklusioun: Dat si kleng Klassen an dat ass d'Méiglechkeet materiell fir deen Enseignant, fir sech ëm d'Schüler ze këmmeren.

Wann een elo der 150 a véier Joer wëllt rekrutéieren, bon, déi fënnt ee souwisou net einfach dobaussen. Dat musse qualifizéiert Leit sinn. Et kann een der och net ze vill matenee rekrutéieren, well déi géife jo dann all mateneen al ginn. D'Fro stellt sech also, Här Minister: Wéi wëllt Der déi rekrutéieren? Wivill kënnt Der der huelen aus deem aktuelle Schoulsystem, déi schonn an deem Beräich geschafft hunn? Wivill gitt Der der wierklech op den Aarbechtsmaart sichen? An a wéi engen Delaien? Sinn déi véier Joer realistesch, fir dat iwwerhaapt kënnen ze maachen?

Dann déi Ëmbenennungen, dat ass eppes, wat e bëssen... Jo, et muss ee wierklech froen, ob dat Gesetz wierklech an deem Sënn iwwerhaapt néideg ass, wann elo eng ganz Rei Saachen ëmbenannt ginn. D'Équipes multiprofessionnelles, déi ginn elo ESEB genannt. Mä de Problem dobäi ass, datt elo gesot gëtt, déi Equippen, déi sech jo sollen ëm déi Kanner mat besonnesche Situatiounen, déi schwiereg sinn, beschäftegen, déi sollen en „premier diagnostic" maachen. Wéi soll dat da geschéien? Well an deenen Equippen ass jo normalerweis keen Dokter. An ech mengen, mir sinn eis awer all eens, datt en Diagnostic, och en „premier diagnostic", u sech eppes ass, wat en Dokter soll maachen.

An déi „plans de réussite scolaire", do kommen ech nach ganz gär drop zréck.

Mä eppes wëll ech ganz kloer soen: Bei all deenen Ännerungen, déi hei gemaach gi sinn, do ass einfach dat Allerwichtegst an der Schoul, datt mer de Contingent iwwerschaffen, datt mer d'Zuel vun de Schüler pro Klass erofsetzen. Well mir hunn haut an eiser Schoulsituatioun esou vill Heterogenitéit, esou vill Verhalensopfällegkeeten, esou vill Schüler aus sozial schwaachem Hannergrond, aus Migratiounshannergrond, mat Sprooche problemer an esou weider an esou virun, datt mer wierklech, fir där spezifesch lëtzebuergescher Situatioun Rechnung ze droen, dee Schrëtt musse maachen, fir de Contingent ze iwwerschaffen an dofir vläicht d'Klasse vu 16 op 14 als Normbasis erofzesetzen.

Ech iwwerreechen Iech, Här President, eng Motioun an deem Sënn.

Motion 2

D'Deputéiertechamber

stellt fest,

- datt d'Grondschoule mat villen a grousse Problemer konfrontéiert sinn, wéi der Heterogenitéit vun de Kanner (Sprooch, kulturellen Hannergrond, Familljesituatioun...), ëmmer méi Verhalensopfällegkeeten an nach villen anere Problemer;

- datt d'Enseignantë mat ëmmer méi Tâchë konfrontéiert ginn, virun allem och mat ëmmer méi Bürokratie;

- datt et wichteg ass, datt d'Enseignanten sech kënnen esou vill wéi méiglech individuell ëm d'Kanner këmmeren;

- datt d'Zuel vun den Enseignanten am Rapport zu der Zuel vun de Schüler vum Schoulministère strikt encadréiert ass;

- datt d'Zuel vun de Stonnen („Contingent") fir vill Gemengen all Joer ëm 10% erofgesat gëtt (Artikel 9 vum Groussherzogleche Reglement vum 18. Februar 2010), wat mat sech zitt, datt d'Effektiver vun de Kanner pro Klass eropginn,

invitéiert dowéinst d'Regierung,

- d'Groussherzoglecht Reglement vum 18. Februar 2010 iwwert de Contingent esou séier wéi méiglech ze änneren, soudatt déi aktuell Zuel vu 16 Schüler pro Klass progressiv op 14 Schüler pro Klasse erofgesat gëtt.

(s.) Fernand Kartheiser.

Ech wëll e bëssen op d'Bürokratie agoen, well ech wëll hei net verstoppen, datt d'ADR als eng vun deenen éischte Prioritéiten am Enseignement gesäit, fir déi schrecklech Bürokratie zréckzeschrauwen. An als Beispill wëll ech hei iwwert dee Plan de développement scolaire schwätzen. D'Gewerkschafte beanstanden, datt dat e Kontrollorgan géif ginn, a wahrscheinlech hu se ganz recht. Mä et ass erëm e Plang, en „plan de développement scolaire"! Mir sinn hei erëm bei där sozialistescher Visioun op d'Schoul, amplaz den Enseignanten et ze erlaben, individuell d'Kanner ze betreien, well et ass dat, wat d'Qualitéit vum Enseignement ausmécht.

Et gëtt hei schablounenhaft eng Léisung proposéiert, e Plang, deen eigentlech d'Enseignantë méi engagéiert, wéi de Kontakt mat de Schüler encouragéiert gëtt. Et verléiert een d'Siicht op dat, wat wierklech am wichtegsten ass an der Schoul, doduerch datt Pläng gemaach ginn. Herno probéiert jiddwereen, sech op de Plang ze konzentréieren. Da ginn nach Jorespläng gemaach. An et ass och net kloer, wéi dat iwwerhaapt soll opgestallt ginn! Ech hunn dat emol probéiert ze verstoen. Dat ass fir mech och net ze verstoen, obschonn ech laang a Statsverwaltunge geschafft hunn.

An et si lauter Kontradiktiounen an Ären Texter. An dësem Gesetz, dem Artikel 60, steet, den Direkter wär zoustänneg fir d'Elaboratioun an d'Mise en œuvre. Dat sinn déi zwee Schlësselwierder fir d'Qualitéit an de Schoulen. Da steet am Artikel 6/13 awer, de PDS gëtt elaboréiert duerch de Sowjet an ënnert der Responsabilitéit vum President „en collaboration avec les partenaires scolaires". An de President „veille à la mise en œuvre". Dat heescht, déi zwee Schlësselbegréffer, déi beim Direkter stoungen, wat d'Qualitéit ubetrëfft, déi sinn awer beim Plan de développement scolaire elo op eemol beim Schoulcomité.

Den I-DS, deen „instituteur spécialisé en développement scolaire", dee muss mat erugezu ginn, deen ënnersteet erëm engem aneren. Da gëtt dee Plang validéiert duerch eng Majoritéitsdecisioun vum Comité d'école, deen awer all Enseignant dann engagéiert. An duerno gëtt den Direkter fir en Avis gefrot. An duerno gëtt déi kommunal Commission scolaire saiséiert. A wann déi da fäerdeg ass, da geet dat Ganzt un de Minister, „par l'intermédiaire du directeur". An da ginn déi Jorespläng gemaach.

Dat ass eng Prozedur, déi ass weder logesch nach kohärent nach ze verstoen! Et ass e bürokratescht Monster! An ech géif Iech proposéieren, vu datt mer déi Plans de développement scolaire wahrscheinlech am Prinzip iwwerhaapt net brauchen, well se e ganze Koup Problemer mat sech bréngen, datt mer drun denken, an enger hoffentlech nächster Legislaturperiod mat neie Méiglechkeeten, déi Plans de développement scolaire einfach ofzeschafen an eis op dat ze konzentréieren, wat wierklech wichteg ass, näämlech fir genuch Zäit ze fanne fir deen eenzelne Schüler.

Am Resumé géif ech soen, datt mer als ADR eis ganz kloer géint eng Favoriséierung vum Franséische géintiwwer dem Lëtzebuergeschen an dem Däitschen ausspriechen. Fir eis ass Lëtzebuergesch déi wichteg Sprooch, d'Integratiounssprooch. A Franséisch an Däitsch sinn déi Sproochen, déi mer funktional am Land benotzen. An d'Alphabetiséierungssprooch bleift Däitsch!

Dann, de Projet geet laanscht d'Realitéite vun der Schoul an déi richteg Besoine vun de Schüler. En ass hyperbürokratesch. Mir wëllen déi Pläng do reduzéiere bezéiungsweis ganz ofschafen an endlech eng Qualitéit vun der Schoul an deem Sënn erëm assuréieren, datt d'Kanner wierklech erëm eppes kënnen, wa se aus eisem Schoulsystem erauskommen. An do hu mer leider grouss Defiziter.

Ech soen Iech Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci och. An dee leschten ageschriwwene Riedner fir den Owend ass den Här David Wagner.

M. David Wagner *(déi Lénk)*.- Merci, Här President. Den Här Kartheiser, hunn ech héieren, léiert jo Russesch, an e weess jo, datt „sowjet" Conseil heescht, oder Rot. Mir hunn haut och nach iwwert de Statsrot geschwat, oder den „Statssowjet", wéi een esou wëllt. An ech hunn héieren, datt d'ADR onbedéngt wëllt do an den „Statssowjet" eragoen. Dat heescht, den Här Meisch ass net deen eenzege Bolschewik hei am Raum, mä Dir sidd och um gudde Wee, Här Kartheiser. Ech mengen, mir maachen hei all Fortschrëtter.

(Interruption)

Dovunner ofgesinn, ech mengen, an der Gewerkschaft SEW wäerte vill Leit awer e bëssen de Kapp rëselen, wa se héieren, datt de Plan de développement scolaire eppes mat Sozialismus ze dinn hat, well ech mengen, grad an där Gewerkschaft ginn et vill Leit,...

(Interruption)

...déi dat Wuert net onbedéngt als problematesch ugesinn.

Bon, ech gehéieren zu deenen, déi hei zu engem Schoulprojet schwätzen an déi awer net vum Metier sinn. Ech si kee Proff, kee Schoulmeeschter. Ech war dat ni, ech war just als Schüler an enger Schoul. An dann ass et ëmmer schwéier, iwwer esou Froen ze befannen, well et huet wierklech och eppes ze dinn domat, datt een och mam Terrain muss konfrontéiert sinn, zemools wann et och ëm administrativ Reorganisatioune geet, déi wäitgräifend sinn a wou een net ëmmer richteg duerchbléckt a wou souguer d'Leit um Terrain net richteg wëssen, wourëms et geet. Dat heescht, wann een awer trotzdeem muss eng Meenung dozou hunn an et muss een och e Gesetz ofstëmmen als Volleksvertrieder, ass et ëmmer interessant, deenen direkt Concernéierten emol e bëssen nozelauschteren.

Mir ginn elo an eng Richtung justement mat deem Gesetzesprojet - an ech mengen, dat ass an eisen Aen och wierklech eppes Fundamentales -, datt jo de Plan de développement scolaire, dee schonn ugeschwat ginn ass, weiderhi verfestegt gëtt, well e jo ausgeschafft gëtt zesumme mat de Presidente vun de Schoulcomitéen, déi u sech och nach e bësse méi u Poids gewannen. Wat net onbedéngt eng gréisser Fuerderung ass vun enger Partie vum Schoulpersonal, datt déi dann zesummen dee Plan de développement scolaire wäerte weiderhin ausschaffen.

Dat heescht, mir maachen e weidere Schrack an eng Richtung, déi äusserst staark vum Schoulpersonal selwer contestéiert gëtt, an dat zanter 2009, wéi de Plan de réussite scolaire agefouert gouf. Vun den Enseignantë gëtt erwaart, datt se dann an enger permanenter Evaluatioun sinn an eng Tonn vun administrativen Tâchen iwwerhuelen, op jiddwer Fall an der Aart a Weis, wéi et bis elo ausgefouert gëtt a wéi et wahrscheinlech och an nächster Zäit wäert ausgefouert ginn.

Dat heescht, mir sinn do an enger Illusioun vun der permanenter Evaluatioun, vum Kultus vun der sougenannter „performance“, vun der sougenannter „Effikassitéit“, wéi wa sech dat an der Schoul esou einfach géif moosse loossen. Nodeems et souguer u sech, also a Wierklechkeet an der Wirtschaft net esou glorräich funktionéiert, wéi dat ëmmer erëm behaapt gëtt.

Soubal ee mat Enseignanten och schwätzt - vun der Grondschoul op jiddwer Fall -, da kënnt ëmmer erëm datselwecht: Si si frustréiert, si verléieren d'Loscht un hirer Aarbecht, ënner anerem well se soen, datt se hir Aarbecht a Wierklechkeet net méi maache kënnen.

An do zitéieren ech och aus der Etüd, dem Sondage, deen d'Gewerkschaft SEW gemaach huet, an déi och dës Woch presentéiert gouf: „Wann een de PRS/PDS engagéiert ausfëiert, kommen erëm aner Beräicher ze kuerz. En plus gi mir vun alle Säiten iwwerluede mat Projeten, Rapporten, Auswäertungen, Planungen, Bewäertungen, Reglementatiounen et cetera. Ech géif emol erëm einfach gäre Schoul halen, eppes wat ech virun 2009 nach wierklech gär gemaach hunn, well do hat een nach Zäit a Loscht fir wierklech flott Saachen.“

Ech liesen hei natierlech dann eben aus där Etüd eraus, mä gleeft mer es - an ech ginn dovunner aus, datt ech net deen Eenzegen hei am Sall sinn -, also ech hunn dat méi wéi eng Kéier de vivo héieren - quasi systematesch!

Et schéngt esou ze sinn, datt am Ministère e generellt Mësstraue géintiwwer dem Schoulpersonal herrscht. An et ass scho bal phenomenal, a wat fir engem Mooss dës Regierung sech iwwert d'Meenung vun de betraffene Leit ewechsetzt. Dat schéngt eng Regel am Educatiounsministère ze ginn. An ech weess net, ob dat op Dauer gutt ausgoe wäert.

Dezentraliséierung ass och en anert Stéchwuert vun dëser Reform. Et kléngt natierlech gutt. Dat ass jo an Oppositioun mat enger vermeintlecher rigider, zentraler Verwaltung. Jo, d'Schoulen hu mat enger Schülerpopulatioun ze dinn, déi staark heterogen ass. Mä dat betrëfft all Regioun, deelweis mat anere Gewiichtungen natierlech. Mä et fënnt een iwwerall, vu Rëmeleng bis Clierf, vu Réiden bis Gréiwemaacher déiselwecht Problematiken. An déi Problematike sinn dem Schoulpersonal net onbekannt, an d'Léisungsusätz am Prinzip och net.

Dat, wat oft feelt, sinn d'Mëttelen awer, déi zur Verfügung gestallt ginn. An do zum Beispill misst ee schonn ufänke mat enger seriöer Reform vun der Berechnung vum Contingent. Dofir kann ee méi wéi drun zweifelen, datt dee Plan de développement scolaire eng Hëllef ka sinn! An d'Schoulpersonal seet dat jo! Si hu jo och schonn net genuch Mëttelen a si kréien nach méi Tâchen. Tâchen, déi meeschtens schonn erfëllt gi sinn, ginn elo bürokratiséiert.

Wat geschitt? Ma genau de Géigendeel vun deem, wat sech erwaart gëtt. D'Grondschoule verléieren un Effikassitéit. Mir hunn et hei ze di mat verschiddene pädagogesche Konzepter. Wat hei gemaach gëtt, dat ass eng Mëschung vu bürokrateschem Iwwerfloss a Stress, awer keng Erhiewung vun de reelle Besoinen um Terrain, e Konkurrenzdenken tëscht de Schoulen an de Regiounen, dat sech kann entwéckelen.

Dobäi ass et jo awer och guer net esou, datt d'Enseignanten eng rigid Aarbechtsweis wéilten, am Géigendeel souguer. An dat géif jo och guer net goen. Dat bescht Beispill ass och zum Beispill de Comité de cogestion an der Stad, dee sech och aus enger Necessitéit erginn huet a wou justement och konnt d'Schoulplanung demokratesch an net hierarchesch gemaach ginn.

An dat geet ganz gutt ouni total iwwerschate managerial Evaluatiounsmethoden, déi a Wierklechkeet och net wierklech - néierens - funktionéieren. Hei geet et a Wierklechkeet ëm pur Ideologie, mengen ech. An dat kann een u sech och am Exposé des motifs erausliesen. Do gëtt, wéi esou üüblech, e Loblidd op déi ach esou fantastesch Experimenter an den angelsächsesche Länner gesongen. Et gëtt eng gëlle Regel: Jee méi englesch Schlagwierder benotzt ginn, desto méi intelligent ass och de Pabeier, oder den „paper“, fir et intelligent ze soen!

An do kann een esou grouss Sätz liese wéi: «Des travaux de recherche récents menés entre autres par Michael Fullan démontrent que la voie royale assurant un surplus de qualité dans les systèmes d'éducation réside dans leur capacité de changement», an dann tëschent Klammeren, fir datt een et gutt versteet, «(capacity for change) dont un des facteurs essentiels est la promotion d'une coopération forte entre les différents acteurs et niveaux d'organisation du système.»

Ass dat keng phenomenal Erkenntnis? Et ass gutt, datt et den Här Fullan gëtt, well ech duecht ëmmer, an ech mengen, datt d'Enseignanten dat och wahrscheinlech duechten, datt d'Qualitéit an der Schoul d'„incapacity of change“ wier an d'„Netkooperatioun“ tëscht de verschiddenen Akteure vum System!

Entgéint deem, wat ee kéint mengen, hunn ech awer guer näischt géint angelsächsesch Länner oder géint de UK. Do ginn et exzellent Saachen, an net nëmmen den Här Jeremy Corbyn. Do ginn et zum Beispill gutt Gewerkschaften, ënner anerem den NUT, d'National Union of Teachers, déi gréisst Proffegewerkschaft vum Vereenegte Kinnekräich. An déi setzt sech och ganz schaarf ausernee mat deene faméise Reformen, un deene sech och déi Lëtzebuerger Regierung esou staark inspiréiert. Well douewen, déi aner Säit vun der Manche, do ass et scho Realitéit.

An äänlech wéi den SEW dat gemaach huet, huet och den NUT e Sondage gemaach bei den Enseignanten am Primaire. An do stellt sech eraus, datt se mat ganz grousser Majoritéit der Meenung sinn, datt se dee System, wou se enseignéiere mussen, als „inappropriate“ aschätzen an datt se och keng Confiance an den Evaluatiounssystem hunn. Do ginn et 86% vun de Grondschoulenseignanten, déi soen, datt hir Moral an deene leschten zwee Joren erofgaangen ass. An dräi Véierel beschreiwen hir Moral als „schwaach“ oder „ganz schwaach“. 48% vun hinnen hunn uginn, datt se sech iwwerleeën, fir an deenen nächsten zwee Joer de Beruff falen ze loossen. Als Haaptursaach, zu 93%, gëtt d'Aarbechtsmass zitéiert, déi se net méi bewältegt kréien. Zu 60% ginn och déi rapid Änderungen an de Curricula zitéiert a 50% ginn och mental gesondheetlech Grënn un. Dat ass dee faméise Burn-out.

Virgëschter hat dann eben den SEW eng Pressekonferenz, fir e Sondage ze presentéieren, deen déi Gewerkschaft ausgefouert huet an déi e richtege Succès war. An do fënnt een, et ass e glécklechen Zoufall, och déiselwecht Zuel wéi beim englesche Sondage: déi 86%. 86% vum befrote Schoulpersonal schwätze sech géint eng Weiderféierung vum Plan de développement scolaire aus.

Ech mengen net, datt een als Legislateur domadder liichtfankeg kann ëmgoen, egal wat ee souguer vun deem Plan de développement scolaire kéint denken. Well wann esou eng grouss Resistenz ass - ausser, et geet een dovunner aus, datt d'Schoulpersonal net weess, wourëms et geet a säin eegene Beruff net richteg aschätze kann -, ech mengen, et muss een awer e bësse vun dëser Iddi ewechkommen. Ech mengen, datt een net einfach esou liichtfankeg e System ka weiderféieren, deen a Wierklechkeet kee Plan de réussite scolaire war, mä bis elo éischter e Plan d'échec war! Op jiddwer Fall vun der Säit vun deene Leit, déi engagéiert Schoul halen an déi och mat de Kanner mussen, ech mengen, mat Enthusiasmus zesumme schaffen.

An deem Sënn wäerte mir dergéint stëmmen. Et deet mer e bësse leed, well do ginn et awer och gutt Saachen dran, ënner anerem d'Initiatioun vun der franséischer Sprooch, déi eppes Intelligentes ass an engem gewëssene Mooss. Et muss ee kucken, wéi dat ausgefouert gëtt. Mä dat hëlleft och deene Kanner aus Lëtzebuerger Haus, déi Schwieregkeeten hu mat enger franséischer Sprooch, déi wierklech net einfach ass fir Leit, déi éischter germanofon sinn, fir déi méi domadder vertraut ze maachen. Well Franséisch ass weiderhin, entgéint deem, wat gewësse Leit mengen, eng ganz wichteg Sprooch a wäert souguer weltwäit nach méi wichteg ginn, laut gewëssene Statistiken.

Mä an dësem Sënn wäerte mer trotzdeem, well mer wierklech äusserst gréisser Bedenken hu géint dee Plan de développement scolaire, dofir wäerte mer géint dëse Projet de loi stëmmen.

Ech soen Iech Merci.

Une voix.- Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Merci och. An d'Wuert huet elo den Educatiounsminister, den Här Claude Meisch.

Prise de position du Gouvernement

M. Claude Meisch, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse*.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, Merci un all d'Intervenanten, alle virop natierlech dem Lex Delles, dem Rapporteur, deen eis hei schrëftlech a mëndlech an d'Matière agefouert huet.

Et huet ongefëier eng Stonn gedauert vun dëser Debatt, bis een Term gefall ass, deen eigentlech awer och, denken ech, hei am Mëttelpunkt steet an och soll stoen, an deen awer iergendzwousch och e bëssen ze kuerz komm ass: Dat ass de Contingent. Den Här Kartheiser huet eis d'Stéchwuert ginn an eis déi Freed gemaach, dat nach eng Kéier opzewerfen, well mir maachen hei jo awer och eppes: Mat deenen 150 Instituteurs spécialisés pour enfants à besoins spécifiques maache mer eppes, wat dee Verloscht u Contingent, wat dee Verloscht u Ressourcen, wat dee Verloscht un Enseignantsstonne méi wéi kompenséiert.

Mir haten eng Tendenz zanter dem neie Schoulgesetz vun 2009 bis 2014, wou effektiv duerch déi Harmoniséierung vun de Stonnenzuele pro Kanner uechtert d'Land Stonne verluer gaange sinn, wou agespuert ginn ass op d'Käschte vun de Schoulen. A mir hunn elo eppes, wou mer weiderhin déi Harmoniséierung ustriewen, mä wou mer awer alles dat, wat do agespuert nach géif gi bis 2019, komplett reinvestéieren an Terme vu Posten, souguer vu Posten, wou mer méi héich qualifizéiert Enseignantë wäerten dropsetzen, déi sech spezifesch mat deene Kanner wäerte beschäftegen, déi extra Besoinen hunn. Dat ass komescherweis hei net erwäänt ginn.

Komescherweis kënnt vum ADR nach eng Motioun, déi seet: „Dir musst nach vill méi wäit goen am Contingent“, wou gefrot gëtt, ech hunn nach eng Kéier kuerz iwwert den Daum ausgerechent, dat wäre 500 Enseignantsposten, déi missten derbäikommen. Ech denken, datt mer do ganz besonnesch virsiichteg sollte sinn, well mir mussen och kucken, wou mer déi hierkréien. A wann ech als Papp denken, dann hunn ech vläicht léiwer, meng Kanner hunn een oder zwee, vläicht souguer nach dräi Kanner méi an der Klass a se hunn en Enseignant, dee gutt ausgebilt ass, dee seng Formation continue regelméisseg mécht, dee Beruffserfahrung huet an dee sech voll engagéiert, wéi datt mer nu wierklech nach dem leschte Chargé de cours mussen nolafen, fir iergendwéi nach iwwert d'Ronnen ze kommen. Och dat, denken ech, sollte mer hei mat iwwerleeën.

(Interruption)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Entschëllegt, Här Minister, erlaabt Der, dass den Här Kartheiser Iech eng Fro stellt?

M. Claude Meisch, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse*.- Wann et mer net op meng Fro meng Zäit ugerechent gëtt, dann erlaben ech alles hei.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président*.- Selbstverständlech net.

M. Fernand Kartheiser *(ADR)*.- Villmools Merci, Här President, a Merci, Här Minister. Ech sinn och frou, datt Der dat kuerz nogerechent hutt. Ech wollt Iech just froen: Hutt Der och gerechent, wat mer géife spueren, wa mer déi Bürokratie géifen aspueren, déi mer och proposéieren, ze sträichen? Ech si sécher, et wäre keng 500 nei Enseignanten, mä mir kéinte ganz vill ëmschichten an der Zuel vun de Leit, déi am Ableck an der Éducation nationale beschäftegt sinn.

An d'Fro ass ebe just, wivill Ënnerscheed dat netto mécht an ob Der dat och scho gerechent hutt.

Merci.

M. Claude Meisch, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse*.- Mir hätten ongefëier 25 Sekonne gespuert, wann Der déi dote Fro net gestallt gehat hätt, Här Kartheiser.

(Hilarité)

(Interruption par M. Fernand Kartheiser)

Mat deenen 150 Instituteur-spécialiséë fir Kanner mat extrae Besoinen gi mer méi Ressourcen op den Terrain an d'Schoulen. Déi schaffe mat de Kanner an de Schoulen, si sinn affektéiert an de Schoulen, si hunn eng héich Formatioun, si hunn en Enseignantsofschloss, se hu Beruffserfahrung als Enseignant a se hunn nach e Master an der Sonderpädagogik oder an engem äänleche Fachberäich. Dat féiert derzou, datt mer an Zukunft och ënnerschiddlech Profiller an der Schoul astellen, fir ënnerschiddleche Besoine vun de Kanner kënne gerecht ze ginn.

Mir hunn an der Vergaangenheet ëmmer d'Diskussioun gefouert, wivill Enseignantë vun deemselwechten Typ mer eigentlech bräichten, fir deene ganz villfältegen Aufgaben an der Schoul gerecht ze ginn. Hei, denken ech, maache mer e grousse Paradigmewiessel, well mer soen: Mir brauchen och spezifesch formëiert Personal, fir op déi extrem spezifesch Situatiounen an de Klassen anzegoen. An do ass elo net an de leschten Deeg e Sondage erauskomm, mä ech si vill an de Schoulen, ech schwätze vill mat Enseignanten, an dat ass awer eng vun den Haapterausfuerderungen, déi den Enseignant haut a sengem Klassesall huet, fir mat deene spezifesche Problemer vun de Schüler, mat deenen extraen Erausfuerderunge vun de Schüler och kënnen eens ze ginn. An hei kënnt eng ganz konkret Hëllef an all Schoul, bei all Kand , dat dat doten och brauch.

Dat ass ënner anerem eng Viraussetzung, fir iwwerhaapt inklusiv kënnen ze schaffen, Här President. Mir hunn eis als Land virun enger Rei vu Jore jo d'Zil ginn, datt mer gären eng inklusiv Schoul hätten. Datt mer den Elteren de Choix ginn, an ech fannen dat richteg, datt, wa se hiert Kand, och wann et extra Besoinen huet, gären an der Regelschoul integréiert hätten, mer dat och solle maachen an eis esou sollen opstellen, datt dat geet.

Bis ewell hu mer eis déi Moyenen awer net an deem Mooss ginn. An déi nei Struktur, déi mer hei schafe vun deenen Instituteur-spécialiséen, déi um lokalen Terrain intervenéieren, ass eng vun den Äntwerten dorobber, gradesou wéi déi nei geschafen Équipe de soutien pour enfants à besoins (veuillez lire: Équipe de soutien des élèves à besoins éducatifs particuliers ou spécifiques) eng aner Äntwert dorobber ass, déi natierlech d'Équipes multiprofessionnelles zum Deel och mat hiren Aufgaben iwwerhëlt.

A mir hunn eis engagéiert, fir och do däitlech méi Ressourcen an den nächste Joren, an dat wäert och an den nächste Méint, kann ech hei soen, ugoen, zur Verfügung ze stellen, fir och do dem Besoin kënne gerecht ze ginn a fir déi Delaie vu Reaktivitéit - an op déi kënnt et schliisslech un: Wéini kënnt eng Hëllef fir e Kand mat extrae Besoinen um Terrain, also beim Kand dann och wierklech un? - däitlech kënnen erofzesetzen.

En anere wichtege Punkt, an deen ass hei des Éfteren erwäänt ginn, en ass, mengen ech, net vu jiddwerengem esou gewürdegt ginn, wéi et da wierklech misst sinn, ass d'Schoulentwécklung vun ënnen. Komescherweis gëtt hei gemengt, de Plan de réussite scolaire an de Plan de développement scolaire, dat wär datselwecht. Neen, mir hunn eis ugekuckt: „Wat huet de Plan de réussite scolaire bis elo bruecht?“, a sinn zur Konklusioun komm, datt mer nach e Stéck méi wäit sollte goen.

Virun allem hätte mer gär, datt e Plan de développement scolaire déi ganz Schoulcommunautéit soll ëmfaassen, datt eng ganz Schoul sech op de Wee mécht, fir an engem basisdemokratesche Prozess - an ech scheie mech net, dat Wuert an de Mond ze huelen, och wann ech haut vläicht nach eng Kéier ee lénks iwwerhuelen, mä ech si jo hei schonn e Sowjet genannt ginn, schlëmmer kann et jo eigentlech...

(Interruption)

...Bolschewik genannt ginn, schlëmmer kann et jo eigentlech de Mëtteg hei net méi ginn! -, fir an engem basisdemokratesche Prozess d'Schoul mat op de Wee ze kréien, déi ganz Schoul mat op de Wee ze kréien, sech ze engagéieren an zwar gläichzäiteg awer och kohärent. Well mer wäerte ganz kloer och Zilsetzungen definéieren - an déi sinn definéiert -, wat an deem Plan de développement scolaire muss ofgehandelt ginn, wéi d'Schoul Äntwerten op eng Rei vun Erausfuerderunge wëllt ginn, wéi se eng inklusiv Schoul wëllt ginn, wéi se mat den Eltere wëllt zesummeschaffen zum Beispill, fir just déi Erausfuerderungen ze nennen. Doduerjer kréie mer och Kohärenz queesch uechter eist Land, net ëmmer déiselwecht Äntwert, mä eng Äntwert, déi dem Zil gerecht gëtt, an eng Äntwert, déi de Besoinen um Terrain gerecht gëtt.

An dee Plan de développement scolaire gëtt vun ënne gedroen, vum Comité, vu sengem President, deen de Chef d'orchestre ass, e gëtt ënnerstëtzt vu baussen an och op eng kohärent Manéier ënnerstëtzt vu baussen, well mer eng Equipp am SCRIPT hunn, wou d'Kompetenz sëtzt, och wat d'Schoulentwécklung ubelaangt, déi déi Akteuren um Terrain wäert an hiren Demarchë begleeden, wäert an hiren Demarchë berode bei der Opstellung a bei der Ëmsetzung vun dem Plan de développement scolaire. Do gëtt keen eleng gelooss. Dat ass Innovatioun vun ënnen. Dat ass Innovatioun an de Schoulen um Terrain. Et ass eigentlech och nëmme vun do, wou se kann hierkommen. Do kënnt se haut schonn hier a mir wäerten elo nach méi e performant Instrument hunn, fir dat kënnen ëmzesetzen.

Dat ass natierlech, an dat huet een de Mëtten an eenzelnen Interventiounen hei héieren, e Choix, deen ee muss treffen. Dës Regierung trëfft deen dote Choix, fir dee Wee, deen 2009 mam Schoulgesetz agefouert ginn ass, dee positiv evaluéiert ginn ass, wou eigentlech och keen an der Schoul méi wëllt drop verzichten, hei weiderzeféieren. An ech bedaueren, datt déi gréissten Oppositiounspartei hei och emol

nees eng Kéier op d'Pist vun der ADR ageschwongen ass, fir och dat doten elo nees a Fro ze…

M. Gast Gibéryen *(ADR).-* Et ass déi gréisste Partei!

M. Claude Meisch, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse.-* Et ass déi gréissten Oppositiounspartei.

(Brouhaha)

Dat ass déi gréissten Oppositiounspartei och hei der Meenung ass, mir sollten dat doten nees alles a Fro stellen, wat 2009 mat Erfolleg agefouert ginn ass, wou se selwer dru bedeelegt war.

Wa mer näämlech higinn an dat maachen, wat hei gefrot gett, datt mer de President vun haut zum Direkter maachen an den Direkter domadder präsent an der Schoul ass an deem säi Büro da quasi do ginn, jo, da gett et kee basisdemokratescht Organ méi wéi de Comité mat engem President, dee vun ënne gedroe gett. Dann hu mer en Direkter, wou de Minister an de Regierungsrot geet an de Regierungsrot mécht dem Grand-Duc eng Propos an deen nominéiert. Da gett d'Schoulentwécklung vu ganz uewen, vum Stat dirigéiert iwwert déi doten Nominatioun. Et ass op jidde Fall net esou, wéi mir eis et virstellen.

An ech wëll och soen - ech wëll och soen! -, datt ech mer och vläicht dat eent oder dat anert jo emol aneschters hätt kënne virstellen, mä mir mussen awer och vläicht fir eng gewësse Konstanz an der Politik, an der Bildungspolitik suergen.

Wat hätte mer mat deem Hickhack, deen dat géif ginn, wa mer genau dat, wat 2009 mat Erfolleg agefouert ginn ass, elo erëm géifen ofschafen, fir duerch eng aner Struktur komplett ze ersetzen, erreecht, ausser Veronsécherung um Terrain an datt jiddwereen erëm bei null hätt missen ufänken? An datt mer déi, déi sech elo engagéiert haten, mat Motivatioun engagéiert haten, schonn an d'Schoulentwécklung eragekneit haten, demotivéiert hätten?

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech fannen, datt mer dat dote sollte si loossen an op deem heite Wee solle weiderfueren.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. Claude Meisch, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse.-* Déi regional Direktiounen, déi mer schafen, sinn Direktioune vum Enseignement fondamental. Dat ass e weidere Paradigmewiessel, deen de Mëtten eigentlech och net an deem Mooss an der Diskussioun zum Virschäi komm ass. Et ass gesot ginn: „Mir ersetzen den Inspekter duerch e regionalen Direkter." Neen, et kënnt eng ganz Direktiounsequipp.

Bis elo hu mer den Inspekter, deen en Eenzelkämpfer ass, dee seng Aufgaben net delegéiere kann, deen ëmmer weider Missiounen derbäikritt huet an deen iergendwou deenen alleguerten net méi nokomm ass an deene leschte Joren. Dee gett ersat duerch eng Equipp, eng Direktiounsequipp, esou wéi mer se och am Secondaire hunn, wou ee sech d'Aufgabe kann opdeelen, wou den Direkter de Supérieur hiérarchique ass, wou en awer selwer d'Inspektiounsaarbecht ka maachen oder se kann delegéieren, wou e kann zu engem soen: „Du këmmers dech éischter ëm d'Administratioun", zu engem vu sengen Adjointen, a wou mer ganz klor och soen, datt ee vun den Directeur-adjointe muss fir dee ganze Volet vun den Enfants à besoins spécifiques zoustänneg sinn, datt och d'Aufgab vun der Aféierung an de Beruff iwwert de Stage muss mat kënne wouergeholl ginn.

Also alles dat, wat d'Käraufgabe vun där doten Direktioun sinn, stelle mer sécher, well mer eng breet opgestallten Direktioun hunn, eng Direktiounsequipp an net méi en Eenzelkämpfer, wéi et bis elo war. An do kréie mer déi Präsenz um Terrain jo och, well mer tëschent dräi a fënnef Leit, jee no Besoin, jee no Zuel vun de Schoulen, jee no Zuel vun de Schüler an den Enseignanten an de jeeweilege Regiounen och wäerten an der Direktioun hunn. An déi wäerte sech déi Aufgaben do opdeelen a wäerte vill, vill méi no bei de Schoule sinn, bei den Enseignantë sinn an awer och bei den Eltere sinn, well mi kréien doduerjer och eng Form vu Guichet unique fir d'Elteren: Wa se Froen hunn, da wësse se och an Zukunft, wouhinner datt se ginn.

Duerfir gesi mer hei an dëser Formule e ganz, ganz groussen Avantage. Mir kréien déi Plusvalue, déi wierklech d'selwecht ass, wéi wa mer elo den Direkter an der Schoul gehalen hätten. A mir hunn op där anerer Säit dat basisdemokratescht Instrument net futtigemaach, mä mir stäerken et weider, fir d'Schoulentwécklung vun ënne kënnen ze assuréieren. A finalement hu mer sämtlech Aufgaben ofgedeckt, déi d'Direktioun muss erfëllen, andeems mer op déi dote Struktur gaange sinn.

An datt d'CSV hei net matmécht aus deem dote Grond, kann ech eigentlech och net verstoen, well déi lescht Regierung schonn eng Kéier e Projet de loi op den Instanzewee geschéckt hat, wou genau dës Struktur och virskizzéiert war, deen de Statsrot – de Statsrot! - awer op eenzelne Punkten net duerchgoe gelooss huet. Duerfir ass dee Projet net weider suivéiert ginn. Hei maache mer eigentlech dat elo hei nach eng Kéier op eng technesch korrekt Manéier, mer setzen et ëm, mer kommen doduerjer eigentlech och där Richtung no, just datt d'CSV sech mëttlerweil an där dote Richtung net méi erëmerkennt.

Ech géif mer...

Mme Martine Hansen *(CSV).-* An eisem Wahlprogramm hate mer dat jo stoen.

M. Claude Meisch, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse.-* Ech géif mer an dësem Dossier wéi och an anere Froen, déi ech hei ze erklären hunn, Här President, heiansdo méi e breede Konsens wënschen, mä meng Iwwerzeegungskraaft schéngt do net duerzegoen. Vläicht ass et awer och esou, datt se eben net däerf duergoen, datt, wann een an der Oppositioun ass, een eben iergendeppes aneres soe muss, wéi dat, wat d'Majoritéit grad mécht. Souguer wann d'Majoritéit dat mécht...

(Brouhaha)

Souguer wann d'Majoritéit dat mécht, Här President, wat ee virdru selwer an der Majoritéit eigentlech wollt maachen. Dat ass traureg.

Mme Martine Hansen *(CSV).-* Mir hunn et am Wahlprogramm stoen. Dir hat et och drastoen.

Une voix.- Dat do war net déck.

Une autre voix.- Jee, jee, jee.

(Brouhaha)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* Voilà, mir sinn um Enn vun der Diskussioun ukomm a mir géifen da fir d'Éischt iwwert den Ensembel vum Gesetzesprojet 7104 ofstëmmen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7104 et dispense du second vote constitutionnel

An d'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen an dann d'Procuratiounen.

An d'Ofstëmmung ass elo eriwwer. 32-mol Jo, 27-mol Neen. Domat ass de Projet de loi 7104 adoptéiert.

Ont voté oui: MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding (par M. Roger Negri), Tess Burton (par Mme Claudia Dall'Agnol), M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. Gusty Graas), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger (par M. André Bauler), MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Lex Delles);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini (par M. Claude Adam).

Ont voté non: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden (par Mme Nancy Arendt), Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies (par M. Félix Eischen), Mme Martine Mergen (par Mme Martine Hansen), M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler (par Mme Octavie Modert) et Michel Wolter (par Mme Françoise Hetto-Gaasch);

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete Vott ze froen?

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou decidéiert.

Motion 1

A mir géifen zur éischter Motioun kommen, déi vun der Madamm Hansen abruecht ginn ass. Kënne mer dovun ausgoen, dass se developpéiert ass? Ginn et Wuertmeldungen dozou? Den Här Minister huet d'Wuert.

M. Claude Meisch, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse.-* Här President, ech hätt absolutt kee Problem dermadder, wa mer déi dote Motioun, wann Dir déi dote Motioun, pardon, géift unhuelen. Datt een no dräi Joer e Bilan vun esou engem neien Instrument wéi der Schafung vun den Instituteurs spécialisés mécht a vun der neier Struktur, virun allem, well mer eis en ambitiéist Zil setzen, fir an der Inklusioun wierklech virunzekommen, dat versteet sech eigentlech vum selwen. Duerfir gett hei eppes gefrot, wat ech nëmmen ënnerstëtze kann.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* Majo, da géif ech proposéieren, wa keng aner Stëmme sech do dergéint erhiewen, fir duerch Handophiewen ofzestëmmen.

Vote sur la motion 1

Wien dermat d'accord ass, ass gebieden, d'Hand ze hiewen.

Géigeprouf: Wien ass dergéint? Enthalungen? Unanimitéit. D'Motioun 1 ass ugeholl.

Motion 2

Dann hu mer déi zweet Motioun, déi den Här Kartheiser abruecht huet. Ech mengen, déi ass och developpéiert. Ginn et dozou Wuertmeldungen? Här Minister, Dir hutt d'Wuert.

M. Claude Meisch, *Ministre de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse.-* Jo, wéi ech virdrun ugedeit hunn, hunn ech do mam Contenu awer eng ganz Rei vu Schwieregkeeten. Mir sinn absolutt bereet, de Schoule méi Ressourcen zur Verfügung ze stellen. Mir maachen haut hei e ganz grousse Schrëtt, wéi ech virdru gesot hunn, andeems mer dee Spuereffort, deen iwwert de Contingent wärend fënnef Joer géif gemaach ginn, reinvestéieren, fir d'Inklusioun kënnen ze reusséieren an de Schoulen. Dat ass och dat, wat haut geet a wat haut méiglech ass.

Ech wëll och just der Chamber mat op de Wee ginn, datt eigentlech sämtlech Bildungsetüde soen, datt d'Ressourcen an de Schoulen net am beschten investéiert sinn, andeems mer just an den niddrege Klasseneffectif investéieren, mä datt mer se och aneschters an iwwer aner Weeër an d'Schoule sollte ginn. Duerfir géif ech hei recommandéieren, déi Motioun do net unzehuelen.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* D'Madamm Hansen huet sech zu Wuert gemellt.

Mme Martine Hansen *(CSV).-* Merci, Här President. Also mir wäerten eis bei dëser Motioun enthalen. Wéi am Ufank den Accord mam SNE u sech gestëmmt ginn ass, dunn ass gesot ginn: „Et kommen 150 Posten an déi kommen erëm an d'Schoulen." Du war nach net ganz kloer, wéi se an d'Schoule kéimen. Dunn hunn ech jo gesot: Da muss ee sech awer Froe stellen, well mer hunn an de Schoulen um Terrain definitiv och Problemer, net nëmme mat den Élèves à besoins spécifiques, mä et gi ganz grouss Ënnerscheeder an de Klassen.

Déi méi grouss Schoulen hu mam Contingent eng gewësse Flexibilitéit, fir dann awer méi differenzéiert Schoul ze halen. Déi méi kleng Schoule mat manner Schüler hunn do manner Flexibilitéit. An dofir géif ech mengen, misst een awer eng Kéier iwwert de Contingent diskutéieren. Dofir enthale mer eis hei.

Also ech mengen zwar och, datt elo reng ëmmer einfach nëmmen ze soen, vu 14 op 16 a vu 16 op 14 (veuillez lire: vu 16 op 14 Schüler pro Klass), dat ass net direkt d'Léisung. Mä mir denken, datt een awer eng Kéier misst iwwert de Contingent diskutéieren. Mir enthalen eis also.

Une voix.- Da misst der dergéint stëmmen!

Plusieurs voix.- Jo.

(Interruptions diverses)

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* Ech mengen, hei muss jiddwereen…

Mme Nancy Arendt *(CSV).-* Mir stëmmen esou, wéi mir wëllen, net wéi Dir eis sot.

M. Mars Di Bartolomeo, *Président.-* Hei muss jiddwereen decidéieren, wat e fir richteg fënnt. An dofir stëmme mer dann elo of.

Vote sur la motion 2

Voilà, d'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen an dann d'Procuratiounen.

An d'Ofstëmmung ass elo eriwwer. 3-mol Jo, 34-mol Neen, 22 Abstentiounen. Domat ass d'Motioun verworf.

Ont voté oui: MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Ont voté non: MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding (par Mme Cécile Hemmen), Tess Burton (par M. Roger Negri), M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur (par M. Gusty Graas), M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger (par M. André Bauler), MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn);

MM. Claude Adam, Gérard Anzia, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter et M. Roberto Traversini (par M. Claude Adam);

MM. Marc Baum et David Wagner.

Se sont abstenus: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden (par Mme Nancy Arendt), Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies (par M. Félix Eischen), Mme Martine Mergen (par Mme Diane Adehm), M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler (par M. Marcel Oberweis) et Michel Wolter (par Mme Octavie Modert).

7. Ordre du jour

Domat, Kolleeginnen a Kolleegen, si mer um Enn vun eiser Sëtzung ukomm. Nächste Rendez-vous ass muer de Mëtten um zwou Auer. Opgrond vun enger Ofsprooch tëschent alle Fraktiounen hu mer als éischte Punkt um Ordre du jour déi Resolutioun iwwert d'Geneemegung vun neien OGMen. Dat ass ofgeschwat. Ech ginn lech Rendez-vous muer de Mëtten um zwou Auer. Kommt gutt heem!

D'Sëtzung ass eriwwer.

(Fin de la séance publique à 20.01 heures)

Suivez la Chambre des Députés sur Facebook, Twitter et Instagram